



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Henri Kox, Président

2. Discours à l'occasion de la commémoration du 150^e anniversaire du traité de Londres

- M. Henri Kox, Président

3. 6787 - Projet de loi

ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation et modifiant

1) la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: De l'enseignement secondaire),

4) la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée,

5) la loi modifiée du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire,

6) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue,

7) la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote,

8) la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle,

9) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

10) la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

11) la loi du 21 juillet 2012 portant création du Sportlycée,

12) la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale,

13) l'article L.622-18 du Code du travail

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum

- Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (M. Lex Delles pose une question), Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Claude Meisch)

- Prises de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (Mme Sylvie Andrich-Duval pose des questions), M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7079 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

2. de la loi du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

3. de la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

5. de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

6. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2^e Chance;

7. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves;

8. du Code de la Sécurité sociale

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lambert

- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Claude Meisch et M. Nicolas Schmit, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Henri Kox, Président de séance.- Léif Kolleegeen a Kolleegeinnen, ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.- Neen, Här President.

► M. Henri Kox, Président de séance.- Ech ginn Akt dovun, Merci, Här Minister. Soudass ech direkt un den éischte Punkt wëll kommen.

2. Discours à l'occasion de la commémoration du 150^e anniversaire du traité de Londres

Dir wësst, dass haut e bedeutenden Dag fir Lëtzebuerg ass an dofir erlaabt mer am Numm vun der Chamber, vun lech alleguerten, dozou e puer Wieder wëllen hei un lech ze riichten an och un d'Lëtzebuurger alleguerten, déi hei am Land doheim sinn.

Viru genee 150 Joer, den 11. Mee 1867, ass e Vertrag ënnerschriwwen ginn, ouni deen et dat Lëtzebuerg vun haut net géif ginn. Et ass e wichtigen Datum fir eist Land. Déi politesch Zukunft vu Lëtzebuerg war 1866 nom Krich tëschent Preussen an Eisträich ongewëss. Eist Land, mat senger mächtger Festung, ass an den Zentrum vun europäesche Streidereie geroden. Duerch d'Konferenz an den Traité vu London vun 1867 sinn d'Rechter vum Haus Oranien-Nassau zu Lëtzebuerg an den Neutralitéitsstatut festgehalen ginn. Déi preisesch Garnison gouf ofgezunn an d'Mauere vun der Festung bis 1883 ofgerappt.

Vun do un huet d'Stad Lëtzebuerg, mä och d'Land sech no baussen opgemaach. De Grand-Duché ass en oppent Land ginn an huet sech entwéckelt. Déi oppe Grenzen hunn eis guttgedoen a sinn och haut gutt fir eis an eist Land. An dofir solle mer eis och an Zukunft fir dese wichtige Grondprinzip staarkmaachen.

Fir sech e konkret Bild vun deem Traité a senge Konsequenze fir Lëtzebuerg kënnen ze maachen, fannen am Moment zwou interessant Ausstellungen am Lëtzebuurger City Museum an am Musée Dräi Eechelen statt, wou Der natierlech all häerzlech invitéiert sidd, fir do deelzehuelen.

Domadder kommen ech dann op den eigentlechen Ordre du jour vun haut. Mir hunn nach zwee Gesetzter haut ze debattéieren. Eisen

éischte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëten ass de Projet de loi 6787 iwwert d'Organisation vun der Maison de l'orientation. D'Riezäit ass festgeluecht ginn op de Modell 1. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Sylvie Andrich-Duval, d'Tess Burton, de Claude Adam an de Fernand Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

3. 6787 - Projet de loi

ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation et modifiant

1) la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: De l'enseignement secondaire),

4) la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée,

5) la loi modifiée du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire,

6) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue,

7) la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote,

8) la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle,

9) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

10) la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

11) la loi du 21 juillet 2012 portant création du Sportlycée,

12) la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale,

13) l'article L.622-18 du Code du travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► M. Gilles Baum (DP), rapporteur.- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, déi schoulesch a professionell Organisation ass oft e wichtegt Tëschestéck, dat zwou Etappen am Liewe vun engem Mënsch matenee verbënnt. Et ass oft e Jugendlechen, dee während senger Schoulzäit net ëmmer direkt weess, wat hien no sengem Ofschloss soll maachen a sech vill Froe stellt: Soll ech direkt schaffe goen? A wa jo, wat? Soll ech éischter en Handwierk léieren? Soll ech op eng Bank goen? Oder soll ech vläicht nach weider studéiere goen?

Dat si Froen, déi ganz vill Jugendlecher sech stellen. A fréier war et net anescht. Mä hautdesdaags, wou d'Offer u Formationen ëmmer méi spezifesch a méi diversifizéiert gëtt, risquéiert een, heiansdo den Iwwerbléck ze verléieren. Et sinn immens wichtig Froen, well wann ee bis seng Richtung fonnt huet, schléit een oft e Liewenskapitel op a geet nei Weeër, ob dat elo am Beruff ass oder weider an der Schoul.

D'Orientatiounsservicer op deene verschiddenen Niveaue kënnen an där Zäit dem Jugendlechen hëllefen, seng Interëten ze entdecken, hie beroden an hien awer och iwwer seng Méiglechkeeten opklären. Déi ganz Orientatioun muss awer an engem gudden Zesummespill vun deene verschiddenen Akteure funktionéieren. Mir brauchen net nëmmen eng gutt Koordinatioun a Kooperatioun tëschent de Servicer, mä mir brauchen och eng kloer definiéiert Strategie, a wéi enge Beräicher mir orientéieren.

Et geet eben net duer, an eise Schoulen ëmmer méi spezifesch op d'Talenter vun eise Schüler anzegoen an déi ze fërderen, wa mir net gläichzäitig derfir suergen, dass dës gezielt Fërderung dem Schüler spéider am Beruff oder op der Uni zeguttkënnt. Dëst ass wichtig, fir engem spéideren Echec an och dem Décrochage scolaire entgéintzewierken.

Déi schoulesch a berufflech Orientatioun betrëfft awer net nëmmen déi Jugendlech, neen, och Erwuessener kënnen oder si musse souguer heiansdo sech anescht orientéieren a weiderbil-

den. Och si kënnen an deem Fall selbstverständlech vun de Servicer profitéieren, fir Informatiounen iwwer hir Méiglechkeeten ze kréien. Dee sougenannten „Lifelong-Learning-Prozess“ spillt bei dësem Gesetz och eng wichtige Roll.

Här President, d'Wichtigkeit vun enger performanter Orientatioun ass net eréischt elo erkannt ginn, an awer wäert dese Projet de loi dozou bäidroen, eis Ustrengungen an deem Beräich ze bündelen an eis domadder besser fir d'Zukunft opzustellen. Wann ech soen, dass d'Iddi vun enger gelongener Orientatioun net nei ass, dann denken ech virun allem un d'Resolutioun vum Conseil européen vun 2005, déi am Kader vun der Lissabonner Strategie d'Memberlänner dozou opgefuerdert huet, sech Gedanken ze maachen iwwer eng gelongen Orientatioun op allen Niveaueen.

2007 huet den Educationnsministère dofir de Forum Orientation chargéiert, ee Konzept an eng national Strategie auszeschaffen. Och d'Maison de l'orientation, iwwert déi mer de Mëtte schwätzen, fousst op deenen Iwwerleeungen an ass sécherlech e Schratt an déi richteg Richtung gewiescht.

Här President, 2012 huet d'Maison de l'orientation an der Stad op der Stäreplaz hir Dieren opgemaach. Zënterhier sinn ënner engem Daach verschidde Servicer ënnerbruecht, déi eppes mat Orientatioun vun de Jugendlechen an Erwuessenen ze dinn hunn. Et sinn dëst d'ADEM, d'Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants - CASNA ofgekierzt -, de Centre de psychologie et d'orientation scolaires - de CPOS -, eng Antenn vun der Action locale pour jeunes an och eng Antenn vum Service national de la jeunesse, vum SNJ.

Mat dem Projet de loi 6787 iwwert d'Maison de l'orientation setze mir gréisstendeels dat ëm, wat am Rapport vum Forum Orientation festgehalen ginn ass. Dësen Text gëtt nämlech der schoulescher a berufflecher Orientéierung e legale Kader. En definiéiert d'Maison de l'orientation als Guichet unique an als gemeinsam Plattform fir déi vill verschidden Akteuren.

Soumat soll d'Maison de l'orientation dann an Zukunft déi alleréischst Ulaftell gi fir alles, wat déi schoulesch a berufflech Orientatioun ugeet, dëst souwuel fir eenzel Persounen wéi och fir Institutionen, Servicer oder Associatiounen. Dëst erlaabt eng méi eenheetlech a méi eng



kohärent Kommunikatioun a vermeit domadder, dass divergent Messagen no bausse gedroe ginn. Et wäert och gemeinsam standardiséiert Informatiounsmaterial ausgeschafft an ugebuede ginn, dëst baséierend op Etüde vun der Aarbechtswelt. Och wäert ee Programm fir Aktivitéiten fir Informatiounen a Sensibilisatioun vun der Aarbechtswelt op d'Bee gesat ginn.

D'Maison de l'orientation wäert och de Leit, déi am Beräich vun der Orientatioun schaffen, Modullen ubidden, fir sech an deem Beräich weiderzubilden. Zudeem soll d'Maison de l'orientation och beim Ausschaffe vum Cadre de référence fir d'Schoulen hëllefen.

De Projet de loi gesäit och d'Schafe vun engem Service de coordination vir, deem, wéi den Numm et seet, d'Missioune vun der Maison de l'orientation mat den Akteure soll koordinéieren, fir eng Kohärenz an der Demarche ze assureieren. Dëse Service représentéiert zugläch d'Maison de l'orientation no baussen a këmmert sech ëm d'Publikatiounen an Informatiounscampagnen. Dëse Service géiert awer och d'Lokalitéiten vun der Maison de l'orientation, en organiséiert den Empfang vun de Leit, déi an d'Maison de l'orientation kommen, e suergt fir eng Concertatioun tëschent de privaten an den effentlechen Akteuren, e koordinéiert d'Participatioun un internationalen an europäesche Projekten an e schafft de Referenzkader, un dee sech allegueren d'Akteuren um Terrain müssen halen.

Responsabel fir dee korrekte Fonctionnement vun deem Service ass en Direkter, deem op Proposition vum Conseil de Gouvernement vum Grand-Duc genannt gëtt. Hie vertritt dann zugläch de Service géintwärtig vun den Akteure vun der Maison de l'orientation wéi och an der Relatioun mat deenen aneren Akteure vun dobaussen.

De Projet de loi gesäit och d'Schafe vum Forum Orientation vir, deem d'Commission nationale de l'information et d'orientation ersetzt. Dëse Forum soll am Fong d'Aarbechte vum Groupe de travail vun 2007 weiderféieren a verdéieren. Dee Forum huet u sech méi eng strategesch Approche a soll d'Regierung a Saachen Orientatioun beroden a si och op Lacunen an der Offer opmierksam maachen.

An d'Kompositioun vun deem Forum Orientation ass ongeféier déiselwecht wéi 2007, mat deem Ennerscheed, dass nach ee Representant vun der Elterevertriédung, ee vun der Conférence nationale des élèves, ee vun der Studentervertriédung an den Direkter vum Service de coordination dobäi sinn. Et sinn also ganz ënnerschiddlech Leit, mat ganz verschidde beruffleche Backgrounden an Erfahrungen, déi hei sëtzen, fir mat enger nationaler Orientatiounsstrategie ze feilen an hiren Avis dozou bäizedroen.

Här President, ech komme bei e weidere Punkt vun deem Projet de loi, nämlech d'Modifikatioun vum Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën. D'Iddi, fir de Schoulen, de Lycéeën méi Autonomie ze ginn, fënn sech och am Beräich vun der schoulescher a berufflecher Orientatioun erëm. D'Schoule sollen an Zukunft eegen Orientatiounsdemarchen entwéckelen, déi hirer Schoulpopulatioun ugepasst sinn an deene spezifesch Besoine vun der Schoul entsprechen.

De Lycéedirekter wäert dofir eng Cellule d'orientation an d'Liewe ruffen, déi déi definiert Orientatiounsdemarche vum Lycée soll an d'Realitéit ëmsetzen an natierlech och suivieren.

Fir eng Kohärenz um nationale Plang ze behalen, muss dës Demarche allerdéngs dem Cadre de référence entsprechen. Dëse gëtt, wéi gesot, an Zesummenaarbecht vu verschidde Services ausgeschafft a schliisslech vum Minister arréiert.

E weidere Punkt betrëfft de CPOS, de Centre de psychologie et d'orientation scolaires. Duerch d'Missioune vun der Maison de l'orientation an duerch d'Schafe vum Service de coordination änneren d'Missioune vum CPOS. An dëse gëtt dann och dofir an „Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires“ ëmbenannt. Hie behält allerdéngs seng Roll als Zentrum fir psychosozial Ressourcë fir de Lycée a kompletéiert natierlech weiderhin d'Betreiungs-offer. Och d'Roll vum Médiateur scolaire bleift bestoen.

De CPSAS setzt den nationale Referenzkader op déi reell Begebenheete vum jeeweilege Lycée ëm. En assuréiert och d'Zesummeschaffe vun deene verschidde Services am psychosoziale Beräich, an de CPSAS suergt derfir, dass ee

kann eng optimal Prise en charge vun de Kanner leeschten, wa se Léierschwieregkeeten hunn oder wa se psychesch Schwierigkeeten hunn, a virun allem schafft de CPSAS och am Beräich vun der Präventioun.

Dëse Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires géiert och d'Demanden, fir verschidde Bourssen an Usproch huelen ze kënnen. Déi éischt Bourse ass eng Bourse fir Stéit mat manner Suen, déi een oder méi Kanner an de Lëtzebuerger Lycéeën hunn. Dës Subventioun ass haaptsächlech dofir geduecht, fir Schoulmaterial ze kafen a verschidde Fraisen ze decke fir Aktivitéiten, déi ausserhalb vun der Schoulzäit stattfannen. De Montant gëtt unhand vu verschidde Kritäre gerechent, wéi zum Beispill d'Zesummesetzung vum Stot, d'Unzuel vun de Kanner an natierlech och d'Akommes vum Stot. De Maximum läit hei bei 1.500 Euro d'Joer.

Eng zweet Subventioun, dat ass d'Subvention de maintien scolaire. Si betrëfft erwuesse Schüler, déi eleng wunnen a Loyer bezuelen. Si müssen awer zudeem vun engem Service betreit ginn, deem am psychosoziale Beräich tätég ass. Fir si finanziell ze ënnerstëtzen, fir d'Schoul net ofzebriechen, kënnen si do bis zu 1.500 Euro de Mount zougesprach kréien.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat do war elo e kuerzen Iwwerbléck iwwert dëse Projet de loi. Fir weider Detailer wéilt ech lech gären op de schrëftleche Rapport verweisen.

Mir kruten och eng ganz Rei Avisen eran: den Avis vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce. Déi verschidde Chambres professionnelles hu sech gréisstendeels zefridde gewise mat deem Gesetz, och wann et verschidde Reserve goufen. Fir weider Informatiounen roden ech lech, wéi gesot, e grafte Résumé vum Rapport ze liesen.

Da wéilt ech awer net ofschléissen, Kolleeginnen a Kolleegen, ouni eiser ganz, ganz ärdeder Sekretärin aus der Educatiounskommissioun, der Madamm Joëlle Merges, Merci ze soe fir hir ganz gutt Aarbecht an hir Ennerstëtzung, an och dem Här Metz vum Educatiounsministère.

Ech wëll awer och hei déi ganz gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun ervirstärchen. Op Urode vun der Madamm Sylvie Andrich, déi elo wahrscheinlech no mir wäert schwätzen, hu mir, och wann et juristesche net onbedéngt noutwendeg gewiescht wär, an allegueren den Texten, an allegueren de Gesetzestexten, wou de CPOS nach drastoung, dësen Text ersat duerch Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech muss lech soen, ech si frou, dass de legislative Prozess vun deem Gesetz elo op en Enn kënnt. An ech géif mech iwwer eng breet Zoustëmmung vun Ärer Säit freeën. An ech ginn elo schonn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox,** *Président de séance.* - Merci dem Rapporteur Gilles Baum. An effektiv, als éischt Riednerin ass déi honorabel Madamm Sylvie Andrich-Duval agedroen. Madamm Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Merci, Här President. „Jiddwereen ass e Genie, mä wann Der e Fësch op seng Capacitéit jugéiert, fir op e Bam ze klammen, mengt e säi ganzst Liewe laang, e wier domm.“ En iwwersat Zitat, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vu kengem anere wéi vum Albert Einstein!

Dat beschreift ganz gutt d'Ausgangssituatioun an der Schoul- a Beruffsorientatioun a wisou Handlungsbedarf an deem Beräich besteet. Zënter 2000 hunn d'OECD - déi europäesch Organisatioun fir wirtschaftlech Kooperatioun an Entwécklung - an d'Europäesch Kommissioun Iwwerleeungen do ronderëm lancéiert, mam Akzent op enger Strategie vun der liewenslaanger Orientéierung an dem Lifelong Learning. Dat an engem Kontext vun engem ëmmer méi schnell wisselnden Aarbechts- a Wirtschaftsemfeld. Och de Statsrot huet a sengem Avis vum 21. Dezember 2007 zur Reform vun 2008 vun der Beruffsausbildung fir en eegent Gesetz mat enger globaler Reform plädéiert.

Ënnert dësen Impulsen huet den Aarbechtsgrupp Forum Orientation, wéi scho gesot, 2010 eng national Strategie ausgeschafft. Esou ass ënnert der viregter CSV/LSAP-Regierung 2012 d'Haus vun der Orientatioun an d'Liewe geruff ginn, ee Guichet unique fir déi schoulesch a berufflech Orientatioun, deem elo eng legal Basis kritt.

De Rapporteur, deem ech e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport, huet eis och elo alles am Detail erkläert.

Leider läit eis keng Evaluatioun vum Fonctionnement vun der jëtzege Maison de l'orientation vir, wat dem Projet de loi eng aner Assise ginn hätt. D'CSV begréisst awer deen neie gesetzleche Kader an huet, wéi ëmmer, kritesch-konstruktiv matgeschafft. Och am CSV-Wahlprogramm ass ënner anerem virgesinn, fir der Maison de l'orientation eng legal Basis ze ginn, mam Wonsch, d'Schoul- an d'Beruffsorientatioun, d'Berodung vun de Jonken an Erwuesene verstärkt ze regionaliséieren, wat jo heimat méiglech gëtt.

Och d'CSV hat geplangt, fir de CPOS an d'SPOSen, also de Centre an d'Services de psychologie et d'orientation scolaires ze reforméieren.

Mir ginn eis eng Definitioun vun enger liewenslaanger Orientatioun, déi also ëmmer nees soll un d'Evolution vun dem jonke Mënsch, deem seng Perséinlechkeet eruiwist, ugepasst ginn. Och bleift haut kaum ee säi ganzst Liewe laang op darselwechter Aarbechtsplaz, well dat wirtschaftlecht Ëmfeld evoluéiert schnell a fuerdert Flexibilitéit.

Wéi orientéiere respektiv ausbilde fir d'Besoinen vun der Wirtschaft, dobäi d'Kompetenze fërderen an déi perséinlech Liewenserfüllung erméiglechen? Wéi d'Schoulversoen an d'Schoul-ofbriechen an de Grëff kréien? Wéi d'Leeschungsmotivatioun steigeren?

Fir dës Challenges unzegoen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hätt d'CSV sech eigentlech eng méi konsequent Reform erwaart. Mä et ass e Schratt an déi richteg Richtung.

Dofir eng Rei Remarquen a Froen, éischters zu der Demarche vun der Orientatioun, zweetens zur Emstrukturéierung vun dem jëtzege CPOS an de SPOSen an drëtzens zum Konzept vum Haus vun der Orientéierung.

Éischters zur Orientatioun. D'CSV deelt d'Meenung, dass méi op d'Stärkte vun de Schüler an den Erwuesene muss opgebaut ginn. Hir Orientéierung soll duerch eng besser Profillstellung méi gezielt organiséiert ginn, ewech also vun der Orientatioun no ënnen. D'Joer dubléieren, e Beruff net kënnen léiere weinst engem Fach gëtt en zolitte Krack an d'Selbstvertrauen an och an d'Motivatioun vun dem Betreffenen.

D'Orientéierung, déi mer haut wëlle verbesseren, ass Deel vun enger Gesamtorientéierungsdemarche, déi bekanntlech schonn am Fundamental ufängt. D'Orientéierungsprozedur beim Iwwergang vum Fundamental zum Secondaire gouf viru Kuerzem reforméiert. Dat éischt Gespréich iwwert d'Orientéierung vum Kand gëtt virverluecht. Beim individuelle Gespréich mat den Elteren am drëtten Trimester um Enn vum Cycle 4.1 schwätzt den Enseignant schonn eng éischte Kéier iwwert déi verschidden Orientatiounsméiglechkeete fir de Schüler. En informéiert och iwwert déi divers Schoul-offeren nom Fundamental. Um Enn vum Cycle 4.2 decidéieren d'Elteren dann zesumme mam Enseignant, wouhin d'Kand orientéiert gëtt.

Kann den Här Minister mer vläicht soen, ob do déi Professeur-orientéieren, déi am Cycle 4.1 sollen déi verschidde Schoul-offeren do presentéieren, schonn dës Joer aktiv waren?

An eng weider Fro ass, ob een net sollt och d'Orientatioun fir d'Kanner, also ORICA, och nach méi praxisno kënnen gestalten a reelle Betribsatelieren, net nëmmen an de Lycéeën, esou wéi zum Beispill bei der Handwierkerkummer zu Tréier.

Bei der Preparatioun vun der Orientatiounsdecisioun behält de Psycholog vum CPOS, wa gewënscht, nieft dem Titulaire seng Wichtigkeet. Och wann d'Eltere sech net eens si mam Enseignant, huet en neutrale Psycholog vum CPOS eng berodend Roll um Niveau vun där neier Orientatiounskommissioun. D'CSV fënn et jo scho bekanntlech net gutt, dass de Recoursexamen ofgeschafft ginn ass. D'Elteren hunn nach just d'Méiglechkeet vun engem direkte Recours beim Verwaltungsgeriicht, wat an eisen Aen ze vill Nodeeler huet.

Här President, d'Zuele weisen, dass an de leschte Joren ëmmer manner Schüler an de Classique orientéiert ginn. Si leien nach bei engem gudden Drëttel. Do gëtt et och regional Ennerscheeder, esou de Bildungsbericht vun 2015. D'Chancë fir d'Schüler aus den Nordgemengen, fir an de classesche Lycée orientéiert ze ginn, leien daitlech méi niddreg, ënner anere bedéngt duerch de sozioökonomeschen Hannergrond, eng Analys, déi muss verdéift ginn.

D'Orientatioun um Niveau vum Secondaire, déi haut och reforméiert gëtt, ass schonn an déi geplangte Reform vum Secondaire matage-

bett ginn. Dat heescht, dass all Lycée net nëmme seng eege Schoul- a Beruffsorientéierung muss ab der Rentrée 2017 definéieren, mä si soll och am zukünftege Schoulentwécklungsplang festgehal ginn. All Lycée kritt do seng Orientéierungsunitéit. Dës ouni d'Kompetenze vum Conseil de classe ze beréieren, dee jo och en Orientéierungsavis ofgëtt.

Haaptsächlech am ënneschten Zyklus vum Technique soll laut Reform eng méi differenziert Approche agefouert ginn: e gemeinsame Cours op Septième, op Huitième, Neuvième Coursen an den Haaptfächer um Basisniveau an um fortgeschrittenen Niveau, déi de Stärken an de Schwächen vun de Schüler besser Rechnung droen, äänlech wéi de PROCI-System, dee sech an den „Projet Cycle-inférieur“-Klasse bewäert huet.

Am Classique soll sech net vill änneren. D'Fro ass, ob dat och gutt esou ass. An den Ae vun der CSV dierf de jonke Mënsch op jidde Fall net irreversibel un der Orientatiounsdecisioun um Enn vum Fundamental festgeneelt bleiwen. Brécke mussen gebaut ginn tëschent de verschiddenen Unterrechtsformen, dem Secondaire technique an dem Classique an och dem Régime préparatoire. Et ass dës net nëmmen eng Encadrementsfro, mä och eng Mentalitéitsfro par rapport zu de Schüler. Dozou gëtt et jo och verschidde gutt Initiativen an den technesche Lycéeën.

An do wëll ech als besonnesch modellhaft zitieren: de Projet vum LTE, dem Lycée technique vun Esch, an en äänleche gëtt et och am Lallenger Lycée technique LTL. Et ass nämlech am schwieregsten, fir vum Technique an de Classique ze wiesselen. Duerfir filtert den LTE zënter dem Schouljoer 2015-2016 mat Succès déi méi staark Schüler eraus. Si schaffen verschidde Schwéierpunkten op am drëtten Trimester vu Septième a ginn dann extra encadréiert, fir op eng méi héich Unterrechtsstufe orientéiert ze ginn. D'Eltere gradesou wéi och de Klasserot ginn enk do matabezunn an d'Schüler si vill méi motivéiert, well se valoriséiert ginn an net duerch d'Schoulversoen no ënnen orientéiert ginn.

D'Orientéierung op der Neuvième technique an der Quatrième classique bleift awer weider e kruziale Moment fir déi jonk Schüler. De Schüler muss sech eng ganz Rei Froen stellen: Wat fir ee Wee ass dee richteg fir mech? Passt dee Beruff zu mer? Wat fir eng Zukunftschancen huet e bestëmmte Beruff oder eng Beruffsspart? Als Entscheidungshëllef gëtt et elo schonn a ville Lycéeën flott Initiative wéi d'Jobdeeg, d'Beruffsinformatiounsdeeg oder d'Jobfoiren.

Interessen- respektiv Soft-Skills-Tester müssen d'Lycéeën sech awer selwer beschafen. Wier et net um Ministère, fir esou Material zur Verfügung ze stellen? Well am Beruffsliewe sinn och d'Liewenskompetenzen, also d'„life skills“, wichteg an net nëmmen déi fachlech Kompetenzen, „career management skills“.

Fir et mam franséische Philosoph a Soziolog Edgar Morin ze soen: «L'intelligence, ce n'est pas seulement ce que mesurent les tests, c'est aussi ce qui leur échappe.»

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den nationale Referenzkader an der Schoul- a Beruffsorientéierung vun dem Secondaire kritt haut och eng legal Basis. D'CSV hat méi wéi eng Kéier no deem Konzept gefrot, dee mer awer du jo nach virun der haiteger Ofstëmmung an der Chamberskommissioun presentéiert kruten.

Domat ginn d'Standarder gesat, fir déi Orientéierungsdemarche an all Lycée inhaltlech a qualitéitsméisseg ze verbesseren. Ech felicitéieren och all deene Lycéeën, déi zesumme mat der Maison de l'orientation an dem SCRIPT an och de SPOSen an dem CPOS aus engem Pilotprojet eraus dëse Referenzkader op d'Bee gestallt hunn. D'Evaluatioun a fënnf Joer soll genotzt ginn, fir déi néideg Upassungen ze maachen.

Et ass ze hoffen, dass déi méi grouss Autonomie vun de Lycéeën, wat hir schoulesch Offer ugeet, d'Chancëgläichheet fir d'Schüler garantéiert, egal a wéi enger Region vum Land. Et wier zum Beispill net gutt, wa se an Ausbildungsberäicher vun hirer eegener Schoul géifen orientéiert ginn, fir d'Klassen do ze fëllen, well jo net all Schoul all Beruff léiert. De Schüler muss am Méttelpunkt stoen.

Fir d'CSV ass et och kloer, dass déi optimal Vermittlung vun de Betreffenen no baussen an d'Betribswelt zesumme mat privaten oder effentleche Partner duerch Betribsbesichtigungen a Stagen net dierf ofhängeg si vum Site vun der Schoul. Besonnesch Schüler aus Lycéeën am ländlechen Raum riskéieren, vu kenger esou enger grousser Offer ze profitéieren, fir a Betriber schnupperen ze goen, wéi déi zum Beispill ronderëm d'Stad. Hei läit d'Entscheidung bei der Schoul, vu wéi engen Offere si



Gebrauch mécht. D'Uleies vun der CSV ass jiddefalls, dass all Schüler am Sënn vun der Chancëgläichheet dee gläichen Zougang garantéiert kritt zu enger diversifiéierter Orientatioun, egal a wéi enger Géigend e wunnt.

Et mécht Sënn, WorldSkills Luxembourg do matanzebannen. Begrëssenswäert fir d'Elteren an d'Schüler aus dem Norden ass, dass bei de LuxSkills, den nationale Beruffsmeeschterschaften aus Industrie, Handwierk an Handel, eng regelrecht Beruffsorientéierungsfoire am Kader vun der Foire agricole an Aussicht gestallt ass.

Den direkte Kontakt mat de Betriber erlaabt e wichtige Feedback, a wéi enge Sparten et u qualifizéierte Leit feelt a wéi eng Sparte sech also och zukünfteg opdynn, duerch zum Beispill d'Digitaliséierung.

Net ze vergiessen déi atypesch Beruffer. Wéi motivéiere mer méi Jonker, besonnesch och jonk Fraen, fir déi digital an technesch Beruffer, fir Mathematik a Wëssenschaften? Wéi interesséiere mer méi jonk Männer un de Beruffer aus dem educative Beräich an aus dem Schoulwiesen?

Diversitéit an eng besser Gläichstellungspolitik an de Betriber sinn entre-temps duerch Studien als eng wirtschaftlech Plus-value erweisen, rezent bestätegt och an der makroökonomescher Etüd vum European Institute for Gender Equality. Eng Orientatiounsdemarche, wou de Genre dauerhaft integréiert ass, fir d'Stereotypen ofzebauen, ass besonnesch effikass, och wann de Girls' a Boys' Day sécherlech seng Daseinsberechtigung behält.

Wéi kann een also verschidde Beruffer méi attraktiv maachen? Wéi d'Handwierk méi valoriséieren? Do sinn nach besonnesch vill Steng aus dem Wee ze rafen. An dat hu mer jo gëschter héiere bei der Interpellatioun vun der CSV iwwert d'Kleng- a Mëttelbetriber.

Net nëmmen déi schwach Schüler dierfe schlussendlech do landen, well ebe fir si soss näischt méi bleift. Projete wéi de Luxembourg Science Center fir déi wëssenschaftlech Beruffer, d'Wanderausstellung Hello Future fir industriell Beruffer mat Méiglechkeet vu Schnupperstagen, d'Initiative vun der Handwierkerkummer oder den Talent Check vun der Chambre de Commerce si flott Initiativen, déi och kéinten an de Referenzkader matafléissen.

Beim Projet Schülermentoring M-Proj ginn déi meeschtens ondecidéiert Schüler vun den ieweschte Klasse mat Succès begleet vun engem Mentor aus dem Wirtschaftsliewen. Si kréie gehollef fir de Choix an hirer Beruffsausbildung. Mä och d'Eltere spillen eng wichteg Roll, fir déi Jonk ze motivéieren, hiren eegene Wonschberuff ze fannen, an net onbedéngt deen, dee si sech selwer vläicht géife wënschen. D'Elteren, mengen ech.

Wat dann déi nei Cellule d'orientation ugeet, zwou Bemerkungen. Eischstens, wat Klärung brauch - d'CSV hat och drop higewisen -, ass den Aspekt vun den Dechargen, souwuel beim Koordinator vun der Cellule wéi beim Orienteur.

Zweetens begréisst d'CSV, dass, entgéint dem initialen Text, d'Zesummesetzung vun der Orientéierungszell erweidert gouf, well et ass e Must, dass deen neie SPOS an der Cellule d'orientation vertritt ass, och wann d'Lycéesdirektioun géif decidéieren am Kader vun der Lycéesautonomie, fir déi Orientatiounsunitéit net an de SPOS-Lokaler fonctionnéieren ze loossen.

Engersäits kann een déi Orientatiounsdemarche um Terrain net einfach esou kënschtlech trenne vun enger psychosozialer an educativer Betreierung a Begleedung, an anerersäits hunn d'SPOS-Equippen en immensen Know-how a vill Kontakter mat der Beruffswelt an all deene Joren opgebaut.

An domat, Här President, kommen ech op deen zweete Schwéierpunkt vu menger Interventioun: der Emstrukturéierung vun dem CPOS an de SPOSen. Ech erënnere kuerz drun. De CPOS gouf hei zu Lëtzebuerg instituéiert am Kader vum Mëttelschoulsgesetz vun 1965 zesumme mat der Fonctioun vum Psycholog, déi do éischtmoleg diskret Agang an d'Texter fonnt huet. De Beruff vum Psycholog ass historesch enk mat der Beruffsorientéierung verbonnen. De Gesetzgeber hat awer schonn 1929 erkannt, dass eng adequat Beruffsorientéierung no der Schoulfflicht néideg wier. An den Institut Emile Metz war nach do virdru Virreider op deem Gebitt.

1973, duerch d'Gesetz vun der Ediff, dem differenzierten Unterrecht, dee jo och grad amgaangen ass reforméiert ze ginn, koumen nei pädagogesch Beruffer derbäi: dee vum haitegen Educateur gradué an Educateur, déi haut net nëmmen an der Schoul bei de SPOSen a beim Service socio-éducatif wichteg Missiounen erfëllen. Och Assistant-sociale sinn Deel vun den Equippen, grad ewéi d'Enseignanten.

D'Aufgabe vum CPOS an de SPOS ginn elo beschneiden, andeems hir bis dato Missioun vun Orientéierung un déi zukünfteg Cellule d'orientation fält an domat jo déi ganz Schoulcommunitéit agebonne gëtt. Mä si behalen, laut Gesetz, nach ëmmer eng Partie Orientéierungsaufgaben.

Wisou muss d'Wuert „Orientation“ awer aus dem neien Numm gestrach ginn?, hat d'CSV hannerfrot. Wéi kann deen neien Numm dem Aspekt vun der educativer Begleedung och Rechnung droen? Froen, déi sech de Forum Orientation an d'Mataarbechter vum CPOS an de SPOSen och gestallt hunn.

D'Regierung war just mam Kompromiss „Centre oder Services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires“ d'accord. D'Wuert „Accompagnement“ koom also bäi. Engersäits goufen awer an dese Servicer an de leschte Joren an enger Autoevaluatiounsdemarche immens Efforte gemaach, fir regelrecht Qualitätsstandarden an der Orientatioun ze definéieren, mat Leitlinnen a Best-Practice-Anprochen.

Anerersäits gouf d'Orientatioun op den Niveau vun enger klinescher Disziplin gehuewen, wou de Schüler a senger Globalitéit als Persoun an der Interaktioun mat sengem Ëmfeld gekuckt gëtt. Ech verweisen och do op déi exzellent global Joresqualitätsberichter vum CPOS.

Bal een Drëttel vun de Schüler, ronn 11.000, wende sech un d'SPOS an de CPOS. D'Orientatioun ass oft eng méi einfach Entréesdier, fir eng psychosozial Hëllef a Begleedung unzefroen. Dat gëllt fir en Drëttel vun de Jonken. Riskéiert de Schüler elo net, an der Schoul als Problemfall ofgestempelt ze ginn, wann en den Ophänker vun der Schoul- a Beruffsorientéierung net méi huet, fir de SPOS opzesichen?

Ausserdeem hunn déi vill psychosozial Aktivitéite vun de SPOS an dem CPOS och e positiven Effekt op d'Orientéierung vun de Schüler. Dausend Schüler, dat heescht 3%, ginn an d'Berodung bei de CPOS. Bei der Halschecht vun dese psychosoziale Berodungsgesprecher si psychesch Problemer d'Ursach. Mä de Schüler huet elo net méi de fräie Choix, fir sech direkt un de CPOS ze wenden, ausser a senger Schoul gëtt et kee SPOS. Dat ass just nach méiglech op Demande vun deem jeeweilege SPOS an am Fall, wou eng spezialiséiert psychosozial Ënnerstëtzung gebraucht gëtt.

De CPOS gëllt awer als onofhängeg vun Schüler senger Schoul. Besonnesch am Fall, wou een e Problem hätt mat sengem eegene SPOS, ass dat eng wichteg Saach. D'Personal vun de jëtzege SPOS gëtt elo ënnert d'Autoritéit vum Lycéesdirekter gestallt. D'SPOS-Equippe baangen deelweis weinst der Vertraulechkeet vun de Gespréicher mam Schüler zum Beispill am Fall vun engem Litige mat der Direktioun. D'Beruffsgeheimnis wier awer net a Fro gestallt, huet den Här Minister bestätegt, op Nofro vun der CSV.

Laut SPOS-Gesetz kënnen do effektiv jo Konklusiounen vun engem Dossier weidergereecht ginn. An am héijeren Interesse vun deem Jonke muss och an der Schoul, grad wéi mat den externe Partner, zum Beispill mam ONE, dem Office national de l'enfance, vernetzt a koordinéiert geschafft ginn.

Opgrond vun der rezenter parlamentarescher Ufro Nummer 2641 vun der CSV huet sech erausgestallt, dass d'SPOSe leider net an all Lycée iwwert dat néidegt Personal verfügen, besonnesch an deene méi ale Lycéeën. Et gëtt och net ëmmer rigouréis opgefouert, wie fir de SPOS oder wie fir den educative Service schafft. Där gëtt et och net genuch. D'Chiffre stëmmen net mat deene vum Joresqualitätsbericht vum CPOS iwwereneen. En plus gëtt d'SPOS-Personal net an den nationale Statistike vum Ministère gefouert, wat net ganz transparent ass.

Duerch d'Reform vum Secondaire ginn elo zousätzlech Posten accordéiert, awer nëmmen, wann d'Schoul eng kohärent Demarche fir déi psychosozial an educativ Aarbecht presentéiert. Dat geet an déi richteg Richtung. De CPOS ass amgaang, e Referenzkader fir déi psychosozial Begleedung auszeschaffen, ënnert deem d'SPOS-Leit dem CPOS weisungsgebundene bliwen.

Ech wollt vum Här Minister wëssen, ënner wat fir engem Referenzkader awer elo déi Educateuren an Educateur gradués vun dem Service éducatif géife schaffen. A wat geschitt och mat dem Personal aus dem CPOS, wat op de Volet Orientatioun spezialiséiert ass?

Och net kloer ass, wéi et mat der Missioun vum CPOS als Médiateur scolaire par rapport zum Projet de loi mam geplangte schoulesche Mediatiounsservice steet. Do geet rieds vun dräi Mediaturen: dee fir de Schoulverbleif, dee fir d'Inklusioun an dee fir d'Integratioun. Kann den Här Minister eis vläicht dozou eppes méi soen?

Déi sozial Missioun vum CPOS trëtt elo méi an de Vierdergrond duerch déi gesetzlech verankert finanziell Hëllef fir sozial schwach Familljen a fir erwuesse Schüler an Nout, déi riskéieren d'Schoul ofzebriechen. D'Bichergeld ass do mat dran. Vu dass d'Demande fir d'Subvention vun de sozial schwache Famillje mam Schouljoer agereecht gëtt, wollt ech awer wëssen, ob déi Familljen, wéi bis elo, eng Avance kéinte kréien, fir Schoulbicher ze kafen, fir eventuell finanziell Enkpäss ze vermeiden.

Wéi a vu wem kréien d'Schüler, déi am Ausland an d'Schoul ginn, gehollef? Wéi a wou fannen déi erwuesse Schüler an Nout eng Wunneng? Wichteg jiddefalls ass, dass d'Konditiounen vun den Hëlfelefen ofgestëmmt si par rapport zu deene vun aneren Ënnerstëtzen, zum Beispill der Loyersubventioun oder där vum ONE.

Bei der Lycéesreform kënnt deemnächst eng weider Missioun ënner anerem op d'SPOSen duer, mat der Schafung vun enger Commission d'inclusion scolaire an all Lycée. Si soll sech ëm Schüler mat speziellen a besonneschen educative Besoine këmmern.

Wie këmmert sech dann, Här Minister, ëm deene Schüler hir Schoul- a Beruffsorientéierung? Dat schéngt mer nach net esou kloer. Déi ass aktuell net zefriddestellend, an och si dierf keen „way of no return“ sinn, ouni Brécken tëschent de Schoulregimier. Dat Ganzt gëtt jiddefalls e regelrechte Koordinatiounschallenge.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Remarquen zum Konzept an der Struktur vun der Maison de l'orientation. Do ass och elo schonn eng ganz gutt Aarbecht gelescht ginn, mä et huet u Koordinatioun gefeelt. An elo? Elo ginn d'Partner offiziell geografesch zesummegefouert, hu mer héieren. Awer net fonctionnel. Den Direkter ass just Chef hiérarchique vum Personal vum Service de coordination vum Haus vun der Orientéierung. En huet keng Autoritéit iwwert déi aner Partner. Bleift et net, wéi ee seet, en zahnlosen Tiger?

Am ofgekuckte Konzept vun der Cité des métiers fonctionnéieren déi Leit als regelrecht pluridisziplinär Equipp. Wichteg ass do e personaliséierten Accueil, dee besonnesch deene Jonke Loscht mécht, e beruffleche Wee ze wien an opzebauen. Net ze vill Bürokratie also mat an der Schlaang stoen, kontaktfreedegt Personal an och en didaktesch gutt opgebauten Internetaccès. Hei ass de Moment nach Loft no uewen.

An deem Sënn si lokal Antenne vun der Maison de l'orientation ze begrëssen. Mä wou Maison de l'orientation dropsteet, muss och Maison de l'orientation dra sinn! Dat ass zum Beispill net de Fall zu Dikrech, wou en Haus esou genannt gëtt, wou awer kee Service dran ass, dee mat Schoul- a Beruffsorientéierung ze dinn huet, wéi d'Gericht, Führerschäin, Inspektorat a Jugendhausstruktur. Dëst entsprécht awer net der Definitioun vum virleienden Artikel 1,...

(Interruption)

...wat dann de Chef vun der Gemeng...

► **Une voix.**- Net de Chef, de Buergermeeschter!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Jo!

(Interruption et hilarité)

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.*- Wann ech gelift! Wann Der eng Fro stellt, da frot de President!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Da kënnen mer herno drop zrëckkommen. Dofir wollt ech da froen, wéi dat ze gesinn ass.

Op der Finanzfiche vum Gesetzesprojet sti véier Mataarbechter, nei Mataarbechter, zwou Carrières supérieures an zwou Carrières moyennes. Ginn déi effektiv duer? An ass dee Budget och schonn ugefrot?

D'CSV war erstaunt, dass de Ministère schonn zënter 2015 eng Coordinatrice agestallt huet, ouni Ausschreiwung an ier d'Gesetz gestëmmt war. Si war esou diskret, dass een net weess, wat si konkret op d'Schinn gesat huet. Den Här Minister huet gemengt, dat misst och net déi zukünfteg Directrice ginn. An de Rekrutement géif zesumme mat der ADEM gemaach ginn.

Dofir wollt ech eigentlech froen: Ass entre-temps e Profill erstallt fir dee Posten? Wéi steet et do mat der Ausschreiwung? A wien ass konkret chargéiert mat dem Rekrutement an der Auswiel vun de Kandidaturen?

Dass d'ALJ, d'Action locale pour jeunes, haut am Kader vun engem anere Gesetzesprojet an den SNJ soll integréiert ginn, wërft an den Ae vun der CSV awer eng ganz Rei Froen op. Hir Bezéiung mat der Beruffsausbildung gi gekappt a si verléiert hir Plaz an der zukünfteger Maison de l'orientation. De koordinéierten an

individuellen Encadrement vun de Schüler an de Schoullofbriecher an an ausserhalb vum Lycée a virun allem während an ausserhalb vum de Schoulzäite riskéiert, zu engem Spagat ze ginn.

De CEDIES, de Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur, dee fir d'Héichschoul an d'Unistudien zoustänneg ass, misst och am selwechten Haus sinn, an net op enger anerer Adress. Och fält de Volet vun der Beruffsorientéierung, also dee Volet, dee vum Gesetz vum 18. Januar 2012 ofgedeckt ass, bekanntlech net ënnert de virleiende Gesetzesprojet. An d'Missioun vum Guichet unique ass heimat, sou och de Statsrot, deelweis a Fro gestallt.

Gëtt also den Zougang fir d'Schüler an d'Bierger zur Informatioun elo wierekch besser? Huet d'Regierung net och dru geduecht, fir den Infobüro vun der Armée an d'Maison de l'orientation eranzehuelen?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- An ass net och den Anschluss verpasst ginn, fir d'Initiative vun de Beruffschamberen, déi ech virdru genannt hunn, matanzebauen, anstatt dass se parallel lafen?

Schued, dass déi initial proposéiert Strategie vum Forum Orientation, deen och elo eng legal Basis kritt, zimlech verwässert gëtt. Eischstens hunn d'Erwuessenenorientéierung an den Apprentissage pour adultes net déi néideg Plaz am Konzept vun dem Haus vun der Orientéierung. Et besti keng Direktive fir si. Et ass kee Portfolio „Orientation“ virgesinn, wou sämtlech Portfolioe vun där Persoun kéinte mat-afléissen.

Zweetens d'Formatioun. Och déi bescht Offeren an de Schoulen an an de Betriber notzen näischt, wann net all d'Akteuren, déi an der Orientatioun eng Roll ze spillen hunn, permanent um leschte Stand sinn. Mir hu verschidden Zorte vun Orienteuren, mat verschiddene Basisausbildungen: den Orienteur SPOS, den Enseignant orienteur, en plus de Conseiller en orientation vun der Beruffsorientatioun an dee vum CEDIES. Hir Formatioun a Weiterbildung ass awer net harmoniséiert an definéiert. Fir d'Orieuren aus dem Haus vun der Orientatioun fale 16 Stonnen d'Joer un, fir d'Membere aus der Cellule d'orientation aacht Stonnen, an de Koordinator vun der Cellule brauch net de Profill vum Orienteur.

Firwat net, wéi proposéiert, e professionellen Orienteursposte schafen an de Lycéeën, mat enger Definitioun vu senger Formatioun a sengen Aufgaben?

De Forum freet e Bachelor an enger Spezialisatioun an de Sozialwëssenschaften als Basisformatioun fir d'Vollzäitorienteuren. E proposéiert fir d'Enseignanten, déi dat deelzäit maachen, dat méi souple unzogoe mat Iwwergangsbestëmmunge fir déi aktuell Conseillere. Ech verweisen och op deen däitsche Berodungsqualitätsmodell BeQu-Konzept mat sengen interessanten Instrumenter fir eng Qualitätsentwicklung vun der Beruffs-, Bildungs- a Beschäftigungsberodung. Et feelt also u Qualitätsstandarden an engem Kompetenzprofil fir d'Orieuren.

Drëtens, de fréizäitegen Encadrement vun de Schüler, déi an der Schoul versoen a riskéieren, d'Schoul ofzebriechen, grad wéi vun den diploméierte Jonken, déi hire Beruffsstart verfeelen, ass net ginn. D'Zuel vun den Decrocheuren ass erschreckend héich. 2014-2015 waren et 13,5%. Dat heescht ronn 1.000 Schüler ouni Schoullofschloss, dorënner besonnesch vill Portugisen. Schüler mat Migratiounshannergrond stellen, nieft deene mat engem schwache sozioökonomeschen Hannergrond, nach eng ëmmer méi grouss Erausforderung duer, net nëmmen um Niveau vum Unterrecht, mä och fir d'Orientatioun.

Beim Schoullofbroch intervenéieren eng ganz Rei Akteuren: De CPOS a bis an enger Stonn nach d'ALJ, den SNJ an och d'ADEM, d'Aarbechtsamt, mä entre-temps goufen och Projet-de-loien deposéiert ënner anerem fir d'Aféierung vun engem Mediateur, hat ech scho gesot, an och vun engem Observateur scolaire.

Mä wéini leet den Här Minister eis eng global an differenziert Strategie vir, no sengem Motto: „Eng Schoul, déi sech këmmert“? Gëtt déi gesetzlech verankert? A wéi steet et mat där scho fir Oktober 2016 ugekënnegter NEET-Etüd iwwer Jonk „not in employment, education or training“? Engem Zwëschestand no wiere 5,8% vun de Jonken tëschent 15 bis 24 Joer beträff. Wéi steet et mat der Orientatioun vun de Jonken, déi hire Start an d'Beruffsliewe verpasst hunn?



Véiertens, a last but not least, si keng Experten aus dem wëssenschaftleche Milieu an de Strukture vertritt, déi de konzeptuelle Kader ausschaffen, zum Beispill am Forum Orientation. Ass eng Zesummenaarbecht mat Instituter vun der Uni an dësem Fall net ze vill minimalistesch?

Fazit: Et geet net duer, Här President, fir d'Stroossen all mateneen opzerappen an d'Stroossennimm ze änneren. D'Leit, déi op deene Chantiere schaffen, mussen dat och nach packen, an d'Leit, déi d'Stroosse benotzen, mussen sech och nach an deem Labyrinth erëmfannen.

De Beweis, dass dat zum Chaos féiert, hu mer beim virleiende Gesetzesprojekt gesinn. D'Regierung hat effektiv en onkomplette Projet de loi déposéiert, wou se net manner wéi zéng Gesetzesännerunge vergiess hat. Et war schlussendlech, de Rapporteur huet et gesot, d'CSV, déi op de Mëssel higewisen huet. De Projet huet awer dowéinst nees eng Kéier misse vum Ordre du jour vun der Chamber erofgehol ginn. An dat einfach als „administrative Feeler“ duerzestellen, ass zwar och e bëssen einfach.

De Statsrot huet dat jiddefalls net esou gesinn. Mä „administrativ Feeler“ sinn nun eemol Moud an der Gambia-Koalitioun.

► **Plusieurs voix.** - Oh!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- D'Gesetz vun der Maison de l'orientation ass wuel...

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Madamm Andrich, erlaabt Der eng Zwëschebro?

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Neen, de Moment net, ech sinn um Schluss vu mengen Ausféierungen, wann Der erlaabt, Här President.

D'Gesetz vun der Maison de l'orientation ass wuel e Schrack no vir. An den Ae vun der CSV hätt d'Regierung awer e puer Schrëtt méi wäit kënnen goen. Et muss sech elo um Terrain erweisen, ob d'Regierung sech déi néideg Mëttel ginn huet. Anerefalls muss nogebessert ginn, am Sënn selbstverständlech vun eise Schüler a Schülerinnen. An domat ginn ech, Här President, den Accord vun der CSV-Fraktioun, fir dëst Gesetz matzestëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Madamm Andrich, erlaabt Der elo eng Zwëschebro, wann ech gelift, vum Lex Delles?

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Jo, Här Delles.

► **M. Lex Delles** (DP).- Merci villmools, Här President. Ech wollt just d'Madamm Andrich froen, ob se net Bescheed weess. Ech mengen, an der Kommissioun ass driwwer geschwat ginn. An natierlech och e Merci, dass et do opgefall ass. Et ass awer mat de Juriste ganz kloer ofgekläert ginn, dass et net néideg gewiescht wier, et op all deene Plazen ze änneren. Ech mengen, dat hu mer en long et en large mat de Juristen ofgekläert. Also, mengen ech, ass déi Remarque e bësse speziell.

(Brouhaha)

An der Kommissioun, d'Juriste waren do!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Ech ka jo äntwerten?

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Selbstverständlech, Dir hutt nach e puer Riedeminuten.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Jo. Ech wëll dem Här Delles dorop äntworten, dass dat awer sécherlech keng gutt legistesche Aarbecht war. An ech mengen, et muss een awer eng Linn hu bei dem Ausschaffe vu Gesetzter. An do muss d'Chamber jo awer eng anstänneg Aarbecht leeschten. Da muss een eng Kéier virun allem festhalen, dass dat op all néideg Plaze geännert ass, an am Virfeld eng Kéier soen. Mä dat do féiert zu engem Wirrwarr vu koordinéierten Texter, déi herno net klappen.

Merci.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Domadder soen ech Merci der Madamm Sylvie Andrich-Duval. Als nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton ageschriwwen. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och ufänken an dem Rapporteur, dem Gilles Baum, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Sech um Aarbechtsmaart richteg orientéieren, ass net ëmmer einfach, virun allem déi Jonk

wëssen net ëmmer, wat si no der Schoul am Liewe maache wëllen. Mä och Erwuessener decidéieren heiansdo fräiwëlleg, hir Carrière nei ze orientéieren, oder si leider dozou gezwongen, dat aus verschiddene Grënn.

Andeems mir haut der Maison de l'orientation eng gesetzlech Basis ginn an hir Missioun méi kloer definéieren, schafe mer eng Ulafstell, wou dës Leit kënnen gehollef kréien, eng Ulafstell, déi d'Akteuren am Beräich vun der schoulescher professioneller Orientéierung op enger Plaz regroupéiert a wou déi Concernéiert souwuel Informatiounen wéi awer och Rotschléi an e besert Verständnis vun hiren eegene Kompetenzen offéiert kréien.

Mir wëllen natierlech kengem virschreiwien, wéi eng Aarbecht hie spéider am Liewe wëllt oder soll maachen. Fir eis als LSAP ass et wichteg, dass jiddweree selwer decidéiere kann, wat e fir eng Aarbecht wëllt maachen. Mir wëlle just, dass d'Leit hire Choix en toute connaissance de cause huelen. Wie sech op eng Aarbecht orientéiert, déi him Spaass mécht a fir déi hie Kompetenzen huet, wäert sech souwuel professionell wéi och perséinlech besser verwierkleche kënnen.

D'Welt vun haut ass näamlech méi komplex wéi d'Welt vu gëschter, an och d'Aarbechte ginn ëmmer méi komplex. Emsou méi wichteg ass et deemno, dass mer Méiglechkeete schafen, fir sech e kloer Bild vu senger beruflecher Zukunft maachen ze kënnen. Dat gëllt och virun allem am aktuelle Kontext, näamlech deem vun enger Aarbechtswelt am Wandel.

Duerch d'Digitaliséierung an d'Robotiséierung ännert sech d'Aarbecht vu muer. Mir mussen virun allem déi Jonk dodrop opmierksam maachen an hinne Méiglechkeeten haut scho ginn, fir sech op dee Wandel ze preparéieren.

Här President, mir begrëssen dofir d'Schafung vum Service de coordination an der Maison de l'orientation. Wéi de Rapporteur et scho gesot huet, garantéiere mer domat eng concertéiert a kohärent Approche am Beräich vun der schoulescher a professioneller Orientatioun. Virun allem erreeche mer domat, dass all d'Akteuren, déi an der Maison de l'orientation vertruede sinn, besser zesummeschaffen, zum Beispill, wann et drëm geet, fir hir Aktiounen ze koordinéieren an och fir Informationsmaterial openeen ofzestëmmen.

Och d'Schafung vum Forum Orientation, deen als Missioun huet, fir eng national Strategie auszeschaffen an d'Regierung ze beroden, wäert zu där Kohärenz am Beräich vun der schoulescher professioneller Orientatioun bäidroen.

Här President, mir begrëssen och virun allem d'Schafung vun deene sougenannte Cellules d'orientation an de Lycéëen. Et sinn näamlech d'Leit um Terrain, déi am beschte wëssen an aschätze kënnen, wat d'Interessen an d'Kompetenze vun hire Schüler sinn. Hir Aarbecht ass ausschlaggebend, dat op all Niveau vun der schoulescher Lafbunn.

Wann déi Cellules d'orientation gutt fonctionéieren, da bedeit dat eng konkret Verbesserung. Dës Strukture solle jo dem Lycée seng Demarchen am Beräich vun der Orientatioun festleeën a se un d'Schülerpopulatioun upassen. Dat mécht Sënn, well net all Lycée eng nämlechte homogen Schülerpopulatioun huet.

De Ministère huet dofir zesumme mat de concernéierten Akteuren e Referenzkader ausgeschafft, bannent deem d'Lycéeë sech bewege sollen an dee minimal Standarde fir d'Orientationsdemarche vun de Lycéeë virgesäit. D'Membere vun deene Cellules d'orientation müssen dann och all Joer Formatiounen maachen, fir d'Evolution um Niveau vun der Orientatioun ze suivéieren. Eis Hoffnung ass natierlech, dass mir et och fäerdegbréngen, mat deenen neie Cellules d'orientation den Décrochage scolaire erofzedrécken.

Här President, déi richteg Orientatioun ass och en Deel vun enger gelongener Integratioun. D'Schoul muss och deenen, déi nei am Land sinn, déi nämlechte Chancen a Perspektive garantéieren. An et ass gewosst, dass vill nei Schüler all Joer aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen. Déi grouss Erausforderung ass, fir all dës Jonker an ee fir si oft komplexe Schoulsystem ze integréieren, virun allem jo weinst der Sproocheproblematik. Op wéi eng Schoulen a Sektione mir dës Jonker orientéieren, spillt deemno eng wichteg, eng wesentlech Roll, fir hinnen déi beschtméiglech Formatiounen an och déi beschtméiglech Chancen am Liewen ze garantéieren.

An deem Kontext ass et immens wichteg, dass d'Familljen, déi hei am Land ukommen, iwwert déi verschidde schoulesche Offeren informéiert ginn, virun allem wat de Régime linguistique vun de verschiddene Schoulen zu Lëtzebuerg ugeet.

Här President, d'LSAP hat sech an hirem Wahlprogramm dofir agesat, dass och regional Antennen vun der Maison de l'orientation sollen an d'Liewe geruff ginn. Mir wollten dofir vum Minister héieren, wat an Zukunft op deem Niveau virgesinn ass.

An da wollt ech och dem Minister nach eng zweet Fro stellen. An zwar hat ech an enger Question parlementaire, déi ech 2014 un den Educatiounsminister gestallt hat, gefrot, wéi d'Zesummenaarbecht tëschent der Maison de l'orientation an den Associatiounen vum Entrepreneuriat kéint verstärkt ginn. Well grad gescht hu mer nach heibanne vill iwwert den Entrepreneuriat geschwat, dass dese promovéiert an ënnerstëtzt misst ginn. Dofir wollt ech an deem Kontext de Minister froen, ob do an Zukunft nach weider Projeten zesumme mam Entrepreneuriat an der Maison de l'orientation geplangt sinn.

Här President, d'Orientatioun mécht sech awer net nëmmen an der Schoul, an der Schoul a fir Schüler, si ass och fir Erwuessener wichteg. Et war dofir déi richteg Decisioun viru fënnef Joer, fir och d'ADEM als Service an der Maison de l'orientation unzesidelen. Deemools hat de Minister Nicolas Schmit sech dofir agesat. Och an Zukunft wäert d'ADEM eng fundamental Roll spillen, fir d'Orientatioun vun den Erwuessenen an der Maison de l'orientation ze begleeten.

Ee Problem, deen de Moment nach besteet, ass, dass de Bekanntheetsgrad vun der Maison de l'orientation nach net esou grouss ass. Mir sinn der Meenung, dass nach Efforte kënnen gemaach ginn, fir d'Visibilitéit vun der Maison de l'orientation ze verbessern. Virun allem och den Internetsite vun der Maison de l'orientation soll ausgebaut ginn. Deen aktuelle Site ass net ganz iwwersiichtlech a misst mat Informatiounen completéiert ginn.

E Wuert nach zum Schluss iwwert d'Subventionen, déi am Kader vun dësem Gesetz agefouert ginn. Dat heite Gesetz gëtt der aktueller Praxis e kloer legale Kader a schafft deemno Transparenz. Mir hëllefen domat weider de Stéit, déi niddreg Revenuen hunn, andeems mer hinne bis zu 1.500 Euro d'Joer u Subventionen ginn, fir Schoulmaterial ze kafen an och fir u schouleschen an extraschouleschen Aktivitéiten deelzehuelen.

Mir hunn de Montant also liicht no uewen adaptéiert. Eëmmerhi profitéieren haut bal 5.000 Schüler vun där Hëllef.

D'nämlechte begrësse mer och den neie legale Kader fir d'Subvention de maintien scolaire fir Jonker iwwer 18 Joer, déi eleng liewen an déi mat psychosoziale Problemer konfrontéiert sinn. Hei mer souguer de Montant substanzell gehuewen.

Voilà, dëst gesot, Här President, ginn ech natierlech d'Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci der Madamm Tess Burton. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam. Här Claude Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wollt virun allem no den Aussoen och vun der CSV-Spriecherin drun erënnere, datt mer awer hei iwwert de Projet 6787 de Mëtteg debattéieren an och ofstëmmen. Do geet et haaptsächlech drëm, datt mer enger Maison de l'orientation, déi et scho laang gëtt, endlech déi gesetzlech noutwendeg Basis ginn.

Mir hunn och de Centre de psychologie et d'orientation scolaires, deen nenne mer anescht, Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires, well mer do och e puer Ännerungen, déi d'Maison de l'orientation mat sech bréngt, dann och zur Kenntnis huelen. A mer hunn och, wéi d'Tess Burton och gesot huet, schonn zum Schluss elo nach eng Rei Subventionen gehuewen an och méi transparent gestalt.

Zu der Maison de l'orientation. D'Maison de l'orientation ass eng ganz laang Fuerderung vun der grénger Partei.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Mir waren a sinn der Meenung, datt d'Orientatioun vun eise Kanner a Jugendlechen ee vun deene ganz wichtige Pilieren an der Schoulpolitik duerstelt. Mir hunn natierlech och unerkannt, datt et eng ganz Rei Initiative ginn a gi sinn, déi sech mat der Orientatioun vun de Jugendlechen an der Schoul an an der Berufsausbildung befaasst hunn.

Mir hunn - ech ziele just déi gréissten op - de Service d'orientation professionnelle vun der ADEM. Mir hunn de CPOS, op deen ech nach wäert ze schwätze kommen. Mir hunn de Ser-

vice national de la jeunesse, deem seng Kompetenzen ëmmer méi ausgeweit ginn. Mir hunn, weinstens nach bis de Mëtteg, d'Action locale pour jeunes, iwwert déi mer jo am Projet de loi 7079 haut nach ze schwätze kommen, déi mer an de Service national de la jeunesse integréieren. A mir hunn eng Agence nationale pour le programme européen d'éducation et de formation tout au long de la vie „Anefore“, ech mengen, ënnert dem kuerzen Numm ass dat méi bekannt.

A wann Der nach gären Detailer wéisst, wat mer schonn alles u villfältigen Initiativen duerch d'ganz Land organiséiert hunn, ech mengen, da liest nach eng Kéier d'Ried vun der Madamm Andrich no, déi war ganz detailléiert, vun alle méigleche Strukture vun Esch bis uewen an d'Éislek, déi mer am Beräich vun der Orientatioun hunn.

Wéi gesot, dës Strukture sinn eis all bekannt a mir sinn net méi wéi frou, datt elo endlech déi Maison de l'orientation de 27. Februar 2012 hir Dieren op der Stäreplaz opgemaach huet. Mir hunn also hei an engem Haus all déi gréisser Servicer regroupéiert, déi sech ëm d'beruffleche Orientatioun vun deene Jonke këmmere. Mä dat ass och schonn ze kuerz gegräff, well et geet jo hei och net nëmmen ëm déi beruffleche Orientatioun, et geet nach doriwwer eraus. An och wann d'Offer sech an éischer Linn un déi Jugendleche wennt, da sollen awer och jonk Erwuessener an Erwuessener tout court hei net ausgeschloss ginn.

Dat hat dräi Avis complémentaires vum Statsrot gebraucht. Dat hat och dräimol en Ulafe gebraucht, bis datt mer d'Gesetz hei um Ordre du jour vun der Chamber haten. Mir haten och alleguerten an der Kommissioun der Madamm Andrich Merci gesot, datt se eng Ongeheimtheet entdeckt hat. Dat hu mer alleguerte gemaach. An do ware mer och gudde Wëllens. Wann een da seet: „Dat ass d'Aart a Weis, wéi Gambia Gesetzer mécht“, da fannen ech dat awer eng ganz schwach Ausso vun enger CSV-Oppositionspartei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Eng gutt schoulesch a beruffleche Orientatioun ass wichteg. Do schénge mer eis jo alleguerten heibannen eens ze sinn, fir datt éischten all Einzelnen eng Plaz an der Aarbechtswelt fënnt, an zweetens sech och ka wueffillen op där Plaz, déi e fonnt huet. Eng gutt Orientatioun hëllef also, den Echec an den Décrochage scolaire, zwee Phenomeener, déi oft Hand an Hand ginn, ze reduzéieren.

Och wann et eis Zil muss sinn a bleiwen, den Echec an den Décrochage scolaire ganz aus der Welt ze schafen, wësse mer, datt mer dat Zil net wäerten zu 100% erreechen. Ze vill Facteure spillen do mat, fir datt eleng staatlech a parastaatlech Institutionen alles kënnen richte. An der real existéierender schoulescher Welt ass een heiansdo mat esou schwieriger Situatiounen vun Netmotivatioun, Netrespekt, Netfläiss konfrontéiert, datt, wann dann och nach keng Ennerstëtzung a keng positiv Hëllef vum Elterehaus kënnt, eng Integratioun an d'Aarbechtswelt extrem schwéier ass.

Dat soll eis awer net dervun ofhalen, eis Beméiunge genauso oder nach méi intensiv weiterzeféieren. Dat ass d'Aufgab vun der Politik, an alle Beräicher. E Beispill aus dem Stroosseverkéier: De Minister Bausch muss sech als Zil setzen, null Verkéiersaccidenter ze hunn, och wann e weess, datt dat Zil, zumindest a senger Legislaturperiod, net ze erreechen ass. An de Minister Meisch muss sech och als Zil setzen, fir op null Schoulhoffriecher hinzeschaffen, och wann dat eventuell net a senger Legislatur ze realiséieren ass.

An duerfir ass et och gutt, datt de Minister Meisch sech intensiv och mat der Orientatioun op alle Gebidder am schoulesche System befaasst. An dat huet dann och eng ganz Rei Froe vun der Madamm Andrich an zum Deel och vun der Madamm Burton mat sech bruecht. An och den Här Minister Schmit ass an deem ganze Kampf mat integréiert. Ech mengen, mer sollen och wierklech..., et ass och wichteg, ech entschëllege mech, datt ech lech net mat genannt hunn, et ass eng gemeinsam Aufgab souwuel vu Schoul wéi och vun Emploi, fir hei nach besser ze schaffen, wéi mer dat bis elo gemaach hunn.

Eng gutt Orientatioun muss och hëllefen, datt ee Jonken an och ee manner Jonke sech wueffillt op der Plaz, déi en huet. Et ass eng ganz brutal Erfahrung fir e jonke Mënsch, deen zum Beispill seng Schoul mat Succès ofgeschloss huet, datt den Aarbechtsmarché hien net wouerhëlt, net un him interesséiert ass.

An eng ganz aner oder äänlech schwéier Erfahrung fir e jonke Mënsch ass, datt hien zwar eng Plaz um Aarbechtsmarché fonnt huet, sech awer net op där Plaz erëmfënnt an net wueffillt.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Ech war scho bei Diskussiounen derbäi, wou vu Krankmeldungen opgrond vu Burnout rieds gaangen ass. An déi Mënschen, ëm déi et do gaangen ass, déi ware knapp 30 Joer al. Dat huet virun allem Männer a mengem Alter zu iwwerhiefflechen an domme Kommentare verleet. Dat huet mech traureg a rose gemaach. An ech mengen, mir sollten och dës Problemer vu Leit, déi sech net wuelfillen op hirer Aarbechtsplaz, eescht huelen an och hei déi néideg Hëllefstellungen ausbauen.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- An och dofir si mir frou, datt déi Maison de l'orientation, déi 2012 hir Dieren opgemaach huet, elo endlech am Joer 2017 dee gesetzleche Kader kritt, dee se brauch. D'Zilsetzungen, esou wéi se am Rapport stinn, sinn déi richtig. Merci dem honorabele Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport! Mir kréien e Guichet unique. Mir kréien e Service de coordination. D'Lycéeë ginn obligéiert, fir sech eng konkret Demarche ze ginn, wat d'Orientatioun betrëfft. An och e Minimum vu Formation continue fir all Intervenante schreiwe mer hei fest.

Mir begrëissen och d'Schafung vun engem Forum Orientation an och d'Zesummesetzung vun deem Forum, wéi se am Artikel 10 vum Gesetz opgelëscht ass. Dës Zesummesetzung berout jo, an dat ass och scho gesot ginn, op den Erfahrungen, déi den Aarbechtsgrupp Forum, deem 2007 geschafe gouf, 2010 an engem Rapport festgehalen huet. Fir mech hätt och kënnen de Ministère de la Santé hei vertruede sinn.

Ech gi just kuerz op d'Ännerungen, déi de CPOS betreffen, an. Eng Rei vun de klaseschen Aufgabe vum CPOS, wat d'Koordinatioun vun der schoulescher a beruflecher Orientatioun betrëfft, ginn elo vum Service de coordination vun der Maison de l'orientation iwwerholl. Déi nei Denominatioun vun deem Service weist jo och schonn den neie Schwéierpunkt vun den Aktivitéiten. De Volet Orientation scolaire gëtt vun anere Servicer wouergeholl. Et bleift de Volet psychosocial an den Accompagnement scolaire. Dësen neien ale Service soll och eng Zort vu Mediateur ginn am schoulesche Milieu.

Här President, ech mengen, datt déi psychologesch Komponent an der Orientation scolaire ganz wichteg ass. Bei senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun huet eise Premier de Saz „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet“ scho bal mantrahaft widderholl. Mir mengen, datt dës Iwwerleeung och a vläicht souguer un éischter Stell fir de Mënsch a senger Aarbechtswelt gëllt.

De Verrieder vun der CSV hat bei deem Debat gesot: „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et der Wirtschaft gutt geet.“ Dat ass net falsch. Dat ass mir awer ze kuerz gegräff.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Natierlech ass d'Pai ee wichtegen Aspekt vun der Aarbecht, awer net deem eenzegen.

Ech kommen zum Schluss, Här President, a betounen nach eng Kéier, datt d'Maison de l'orientation an eisen Aen eng gutt funktionierend Saach ass. Leit beienesetzen heescht, zumindest am Prinzip, datt déi Leit sech och gesinn. Et heescht net onbedéngt, datt déi Leit dann och alleguerten zesummeschaffen. Et besteet de Risiko, datt jiddwereen e bësse fir sech schafft, awer keen zesummen. E besteet e Risiko, datt mer zwar vill Leit beieneen an e Gebai setzen an datt déi dann awer näischt mateneen ze dinn hunn. Dat si reell Geforen, op déi och de Minister Meisch selwer an der Kommissioun higewisen huet.

Mir hunn elo eng gesetzlech Rumm geschafen, fir datt d'Maison de l'orientation ka gutt funktionéieren. Wichteg ass schonn, wéi an all Betrib an all Administratioun, den Empfang: Wie lauschtert dem Mënsch no, deem dohinner kënn? Déi éischt Kontaktperson ass schonn immens wichteg an, wéi gesot, d'Zesummespill vun all de Servicer, déi an deem Haus sinn.

Mir wënschen der Maison de l'orientation vill Succès an zefridde Mataarbechter am Interêt vun de Leit, déi sech u si wënnen. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Adam. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no esou villen eminente Spezialisten aus dem Erzéiungswiesen iwwert d'Maison de l'orientation fillen ech mech heiansdo e bessen

desorientéiert, wann een dann den Detail vun deenen Interventiounen wëllt novollzéien a verstoen. Mä et ass eng ganz wichteg Saach, datt effektiv déi jonk Leit ganz gutt orientéiert ginn, wéi et hei dacks betount ginn ass. An ech soen och dem Rapporteur Merci, datt en eis op eng ganz kompetent Manéier an déi Matière agefouert huet.

Et ass e Gesetz, wat ganz vill verschidden Aspekten uschwätzt: d'Maison de l'orientation selwer, de Forum Orientation, ënnert deem ee sech och net direkt kann eppes virstellen, wann een deen Numm héiert - et wär vläicht effektiv besser gewiescht, vun engem „Conseil national de l'orientation scolaire“ ze schwätzen, well een da vläicht eng besser Virstellung gehat hätt vun den Aufgabe vun deem Gremium -, d'Orientatioun an de Lycéeën. An haaptsächlech soll eng nei Approche an der Orientatioun da geholl ginn, awer op engem organisatoresche Plang, well dëst Gesetz schwätzt net iwwert de Contenu, net iwwert d'Finalitéit vun der Orientéierung u sech am Hëllef op eng méi héich Formatioun oder eng Berufswelt, mä et ass haaptsächlech organisatoresch.

An do stelle sech och ganz Rei Froen. D'Gesetz erhieft den Usproch, fir e Guichet unique ze schafen. En Usproch, deem dat Gesetz awer net kann erfüllen! D'Force publique, dat ass scho gesot ginn, ass zum Beispill net dran, obschonn de Stat besonnesch an deem Beräich selwer Rekrutierungsproblemer an engem ganz groussen Mooss huet. De CEDIES ass net dran, also den Enseignement supérieur.

An ech maachen do eng Klamer op, just emol fir ze froen: Wéi ass et da mat der Zukunft ëm de CEDIES bestallt? Wéi soll dee personalméisseg opgestallt ginn an nächster Zukunft? Well d'Bedeitung vun deem Service hält jo sécher net of. A wéi ass déi Zesummenaarbecht mat der Maison de l'orientation ze gesinn? Mä ech mengen, mir müssen eis als Politik ganz besonnesch och ëm de CEDIES beméien a këmmen.

An och déi Validatioun vun den Acquis de l'expérience schéngt hei net voll opgeholl ze ginn. An och dat ass eng Fro, déi ee muss vläicht nach eng Kéier belichten.

Wann een dat Gesetz liest, freet ee sech, ob hei net ze vill op bürokratesch Aspekter Gewiicht geluecht ginn ass. Heiansdo mengt een, et wär e Mikromanagement gemaach ginn. A mir sollte vläicht an der Politik, allgemeng, eis drun erënneren, datt e Gesetz do ass, fir en allgemengen normative Kader ze schafen. Et ass schonn e bësse bosseg, fir an engem Gesetz do ze liesen, datt den Direkter muss eemol am Joer eng Koordinatiounsreunioun maachen. An an engem éischte Projet wor souguer virgesinn, e misst en Aarbechtsplang hannerleeën. Mä e Gesetz ass net do, fir engem Direkter seng Aarbecht virzeschreiwen oder ze reguléieren. E Gesetz soll en Direkter asetzen, e Service asetzen, an dann ass et un der Politik, fir dat esou ze bestëmmen, datt een e Mënsch dohissetzt, deem ee ka vertrauen, datt en déi Aarbecht och anständeg mécht, déi en duerch e gesetzlechen Opdrag kritt.

Et sinn och vill Onkloerheeten, den Här Baum hat ganz richtig gesot: „Déi Berufswelt hautzudaags ass esou komplex ginn, datt ee ganz séier kann den Iwwerbléck verléieren.“ An ech mengen, hei si mer virun enger Erausforderung, wann ee mat de Lycéeë schwätzt, et ass jo e Wonsch, datt vill vun der Orientéierung an de Lycéeë gemaach gëtt, an do stelle sech direkt zwou Froen.

D'Autonomie vun de Lycéeë gëtt hei am Gesetz eigentlech do beschriwwen, datt den Direkter kann decidéieren, ob deen SPSS, wéi dat hei heescht, ob dee Service soll mat der Cellule d'orientation fusionéiert ginn oder net. Dat ass u sech och keng zentral Fro fir d'Autonomie vun engem Lycée. Eng Autonomie vun engem Lycée soll sech kënnen mat méi fundamentale Saache beschäftegen, fir eise Schoule méi Onofhängegkeet vuneneen ze ginn. Awer dat do, dat sinn Detailfroen, déi awer an der Praxis Auswierkungen hunn op de Fonctionnement, op d'Effikassitéit vun esou enger Cellule d'orientation an och vun engem Service psychosocial an engem Lycée.

D'Fro ass: Kënnen déi Cellullen dat dann iwwerhaupt garantéieren? Verléiere se net den Iwwerbléck? Well et gëtt haut eng onendlech grouss Zuel vu beruflechen Orientéierungen, och vu weidere Formatiounen. Ass et net bal néideg, méi en zentraliséierte Service ze hunn, fir iwwerhaupt den Iwwerbléck kënnen ze behalen? Ass et...

(*Interruption par M. Claude Meisch*)

Pardon? Den Här Minister, mengen ech.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ass d'Maison de l'orientation keen zentraliséierte Service?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Also, ech kommen dorobber, Här Meisch. Well Dir wëllt jo an all Lycée eng Cellule d'orientation hunn. An déi Maison de l'orientation soll en Déngschtleschter si fir déi verschidde méi dezentraliséiert Strukturen. Sou steet et an Ärem Exposé des motifs. Et ass also an deem Sënn, wou dat geduecht ass. An do sollen et eng Rei Instrumenter ginn, e Referenzkader an eng Rei Outilen, déi Der dann do maacht, fir dat kënnen ze garantéieren.

An d'Fro ass och: Wéi ass et da mat der Formation vun deene Leit, déi do an deene Cellules d'orientation schaffen? Et sinn, mengen ech, acht Stonne virgesinn. Geet dat wierklech duer an enger Berufswelt? Ass et och realistes, fir ze envisagéieren, datt elo all Cellule d'orientation an all Lycéeë sech musse mat de Berufskummere kuerzschléissen, an et gëtt där Lycéeë vill am Land, fir ëmmer um neiste Stand ze bleiwe vun deene verschiddene Beruffer oder Optiounen, déi fir déi jonk do virgeduecht sinn?

Ech mengen, dee System, deen hei ugeluecht ass, ass vun enger enorm grousser Komplexitéit, wann een en duerchdenkt. An ech mengen och, datt mer müssen an e puer Joer kucken, wéi sech dat hei da bewäert: déi dezentraliséiert Struktur, déi vill individuell Kontakt, d'Formatioun vun den Orienteuren. Alles dat muss ee kucken, ob et sech wierklech bewäert oder ob et net besser wär, awer méi zentraliséiert Servicer unzebidden, awer zentraliséiert am ganze Sënn vum Wuert, och an de Strukturen an als Usprechpartner.

Ech weess, Dir schwätzt vun engem Cadre de référence, ech hat dat ernimmt. Mä ob dat wierklech effikass ass an der Realitéit, dat muss ee sech froen.

Et ginn och eng Rei vun Onkloerheeten. Wann dat dann elo net integréiert gëtt, deen SPSS an déi Cellule d'orientation, wéi soll deen Niewenteneen da fonctionnéieren?

A mir hunn eis och gefrot, ob déi Ëmbenennung vun de SPOS, d'Eraushuele vum Orientéierungsbegrëff aus deene Services psychosociaux net awer derzou féiert, datt d'Leit vläicht manner an déi Servicer ginn, datt se méi eng grouss Hemmschwell hunn, well eben nëmmen nach praktesch eng Stigmatisierung eventuell fir verschidde Schüler méiglech ass, well et dann heescht, dat wier de Service psychosocial nëmme fir déi Leit, déi do vläicht Problemer hunn, an net méi och eng allgemeng Orientéierung vun Schüler, ob et schlussendlech am Interessi vum Schüler ass, déi zwee Servicer esou vuneneen, och sproochlech vuneneen ze trennen. Dat sief och als Fro an de Raum gestallt. Op jidde Fall schéngt et eis méiglech ze sinn, datt doduerch nei Hemmschwellen awer kënnen entstoen.

An dann um nationalen Niveau gëtt de CPOS an de CPSS oder CPAS ëmgewandelt, mam Accompagnement scolaire, Dir gesitt hei schonn, datt déi Ofkierzunge vläicht net déi allgerlécklechste sinn, mä och do sinn eng ganz Rei Froen ze stellen.

Dat Éischt ass déi Iddi, fir en nationale Service do ze hunn, fir eng Médiation scolaire anzeféieren, d'Médiation scolaire och tëscht engem Direkter a sengen Enseignanten. An do stellt sech dann ëmmer d'Fro, wann ee bei esou neie Servicer ass: Wéi ass dat da mat der Fonction publique am Allgemengen? Ass dat dann elo e Präzedenzfall fir aner Administratiounen, datt, wann en Direkter Problemer huet, fir sech duerchzesetzen, oder wa seng Decisiounen contestéiert sinn, do e Médiationsservice existéiert? Ass dat och an aneren Administratiounen denkbar oder ass et wëschenswäert? Ech mengen, éischter net!

Gëtt et net do en Afrostelle vun der Hierarchie, wat hei an der Éducation nationale vum Originne fënnt a sech da vläicht an aner Secteure vun der Fonction publique ausbreit, wat net am Interessi vum Déngscht ass?

Et muss ee sech also froen: Wéi gëtt eigentlech nach déi Funktioun vum Direkter am Enseignement hei definéiert? A wat sinn dann nach d'Kompetenzen an d'Méiglechkeete vun engem Direkter?

Déi zweet Fro, och aus der Aktualitéit. Dat ass déi Fro vun deenen neie Leit am Land, d'Madam Burton hat dat schonn ugeschwat, mat de Migranten och, déi kommen. Gëtt an der Orientéierung och op si gekuckt? A wat sinn déi Méiglechkeeten, déi mer fir Migrantekanner effektiv kënnen virgesinn? Ech mengen, och do musse mer eis iwwerleeën, wéi dat ass. Ech schwätze vun deenen, déi eng Perspektiv hunn, fir hei am Land ze bleiwen, fir deene Kanner effektiv och vläicht, fir eben déi Zäit, wou se kënnen oder wëllen hei sinn, a wou dat och méiglech ass, eng Integratiounsperspektiv ze ginn. An da musse mer och an der Orientation scolaire kucken, datt mer do e gewëssent Gewicht drop leeën.

An da musse mer och kucken, datt mer hei net nëmmen e Service maachen, wou et kee Feedback gëtt. Et ass och méiglech, datt Schüler, Elteren och, déi och kaum an deem Gesetz hei ernimmt sinn, den Administratiounen kënnen e Feedback ginn, datt se kënnen soen: „Op deenen an deene Punkte soll d'Orientéierung verbessert ginn.“

Wann ech also hei dat Gesetz insgesamt kucken, dann ass et sécher ze begrëissen, datt déi Maison de l'orientation eng legal Basis kritt. Mir begrëissen och ausdrécklech, datt d'Regierung higaangen ass an eng Rei vu soziale Moosnamen och an dat Gesetz ageschriwwen huet, ebe wéi zum Beispill déi Indemnité de maintien scolaire oder esou Saachen. Dat si positiv Schrëtt, déi ënnerstëtze mer ausdrécklech.

An op där anerer Säit stelle mer eis awer och ganz vill Froen iwwer iwwerhaupt d'Fonctionnementsméiglechkeet vun der Architektur, déi an deem Gesetz virgesinn ass. Ass et realistesch? Ass et net ze vill formalistes? Kann et effikass sinn? Firwat sinn eng Rei wichteg Secteure vu vireran ausgeklamert ginn oder Komponenten, déi awer fir d'Berufssorientéierung wichteg sinn?

Alles dat si Froen, déi mer eis stellen. An et ass e Gesetz, wat mer ganz sécher müssen an zwee, dräi Joer nach eng Kéier iwwerpräiwen, fir ze kucken, ob et iwwerhaupt ëmsetzbar an där Form ass.

Alles an allem begrëisse mer dee Schrëtt an déi richtig Richtung. Mä mir wäerten eis awer, duerch déi vill ongeklärte Froen, enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Mir hu kee weideren ageschriwwene Riedner. An d'Wuert huet direkt d'Regierung, den Här Educationminister.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci och allen Intervenanten haut de Mëtteg hei. An e besonnesche Merci un de Gilles Baum, de Rapporteur vun deem Projet.

Et ass e puermol ugeklonge schonn de Mëtten: Wann een a jonke Jore säi Liewenswee net fënnt, säi schoulesche Wee, säi berufleche Wee net fënnt, da féiert dat sécherlech zu enger Onzefriddenheet, zu enger Liewensonzefriddenheet och, mä et féiert och derzou, datt een ënner senger Moyenen, ënner senger Méiglechkeete bleift. Et kann derzou féieren, datt ee frustréiert aus engem System, wéi dem Schoulsystem, erausfällt an doduerjer sécherlech seng ganz Carrière ganz staark hypothekéiert huet. Duerfir ass et wichteg, fréi seng Stärkten, fréi seng Talenter ze entdecken.

Wéi ech als Minister ugefaangen hunn, mat ville Leit Gespréicher gefouert hunn, wou ech mech leider net méi un all Detail kann erënneren, ass mer awer mat engem Interlocuteur wierklech eppes staark an Erënnerung bliwwen, dee mer e Beispill ginn huet an dee gesot huet: „Wann ee mengt, e jonke Mënsch misst onbedéngt Futballspiller ginn, an en huet awer net dat gréissten Talent do derfir, dann hëlleft all Training näischt an e gëtt herno nëmme frustréiert. Et gëtt ni e gudde Futballist, och emol net an der zweeter Equipp.“ Deeselwechten, deen huet awer en anert Talent. E gëtt vläicht e ganz gudde Sänger, e ganz gudde Moler oder iergendwou läit säin Talent. An et ass wichteg, dat Talent fréi ze entdecken. Et ass wichteg, seng Interessie fréi ze entdecken.

An dat ass awer och net esou einfach. Dat ass net esou einfach, well dat kann net en anere fir e selwer maachen, dat muss dee jonke Mënsch selwer eigentlech sech erschaffen, kucken, erfueren, wou seng Stärkten an Talenter leien, an doraus e Liewensprojet definéieren. Dat brauch seng Zäit. Dat ass net mat enger Visitt an engem Nomëtteg an enger Maison de l'orientation gedoen. Ganz kloer, och wann hei d'Schafung vun där Maison de l'orientation am Vierdergrond steet, da kann dat nimools d'Ambitioun sinn. Dat ass en Effort, wou dee Jonken awer och derbäi muss begleet ginn, iwwer laang Zäit derbäi muss begleet ginn. An déi Begleitung muss a soll ufänken am Alter vun der Grondschoul a soll an de Secondaire mat eropwuessen. Déi Begleitung soll eigentlech net nëmmen a schoulesche Strukturen geschéien, déi ka ganz gutt och an ausserschoulesche Strukturen geschéien, an Initiative geschéien, wou ee jo och seng Talenter, seng Interessegebidder ganz gutt kann entdecken.



Et ass also eng Gesamtaufgab, där ee sech do muss unhuelen, fir datt ee jonke Mënsch sech kloer gëtt, wat e wëllt erreechen am Liewen. Natierlech brauch en dozou Informatiounen. An ech denken, datt do e ganz wichtege Punkt vun enger Maison de l'orientation kann an och muss geleescht ginn. E muss wëssen, wat fir eng Ausbildungsweeër et gëtt. E muss wëssen, wat d'Realitéit duerno ass an deene Beruffer. E muss och wëssen, wat d'Perspektiv ass, wann ech deen doten oder deen dote Beruff wielen, fir mech och duerno nach weiderzëntwéckelen. E muss d'Realitéit an den Entrepreneuren kennen.

All dat ass extrem wichteg, fir datt dat dokumentéiert ass, datt dat och kann iwwer en Erfahrungsaustausch stattfannen, datt dat och duerch Visite ka stattfannen, datt och do Stagë wichteg sinn, Vakanzenaarbechte wichteg sinn. Ech mengen, datt mer do eis alleguerten eens sinn.

Mä, wann ech soen, datt et eng Gesamtaufgab ass, d'Orientation, dann ass et och doduerjer, datt mer soen, datt et net an der Schoul een eenzege Service ka sinn oder eng Persoun sinn, déi sech där Aufgab do unhëlt. Mir brauchen do eng Equipp. An et muss eigentlech och eng ganz Aufgab sinn, déi vun der ganzer Schoul, vun der ganzer Schoulcommunautéit mat iwwerholl gëtt, vun den Enseignanten, vu Leit aus engem Service, deen éischter de psychosozialen Accompagnement mécht, vu Leit och vun enger Equipe éducative. Si alleguerten droe mat d'Responsabilitéit, fir datt de Schüler bei senger Orientation richteg encadréiert a richteg begleet gëtt.

Duerfir hu mer och gesot, datt mer net ee Service domadder solle chargéieren, mä datt et eng ganz Demarche vun der ganzer Schoulcommunautéit vun der Schoul soll sinn. A well déi Demarche och an där enger Schoul wéi an där anerer Schoul op déi spezifesch Besoine vun där Schoulpopulatioun ausgerichtet ass, ass et esou, datt mer decidéiert hunn, éischter e Kader ze setzen an d'Schoulen innerhalb vun deem Kader mat deenen Uspréich, déi kloer definéiert sinn, musse kucken, wéi si sech opstellen, mat wat fir engen Initiativen datt se probéieren, datt dee Jonken, wéi gesot, seng Stärken entdeckt, seng Talenter kenneléiert, weess, wat seng Méiglechkeete sinn, weess, wat duerno ze maachen ass, och weess, wat e selwer muss leeschten, fir an déi eng oder an déi aner Richtung ze goen.

An dat ass eppes, Här President, dat geschitt op ganz ville Plaze schonn haut. Mir definéieren elo wuel dee Referenzkader fir d'Orientation. A mat deem Gesetz, wat elo hei wäert gestëmmt ginn, besteet déi gesetzlech Obligation fir all Schoul, sech esou eng Demarche ze ginn. Mä wa mer awer an d'Schoule kucke ginn, an eis Lycéeë kucke ginn, queesch uechtert d'Land, an ech war e s'allequerte besichen, da kann ech lech soen: Et ass keng Schoul, wou Orientation haut keen Thema ass. An et ass eng ganz Bandbreet vun Initiativen, déi do ugebued ginn, déi ëmmer ganz no wierklech um Besoin vun dem jeeweilege Schüler haut och stattfënnt. Dat gëtt sécherlech och nach eng Kéier cadréiert duerch de Referenzkader. Et gëtt sécherlech och nach eng Kéier dynamiséiert duerch déi gesetzlech Obligation. Mä et gesäit ee wierklech, datt do vun ënnen erop wierklech Innovationsgesescht groussgeschriww e gëtt an d'Innovation amgaangen ass do ze sprissen.

Mir hu mat dësem Gesetz och eng Rei vun Upassunge vun de gesetzleche Kadere gemaach - et ass gesot ginn -, vum nach haitege CPOS a vum SPOS, déi mer op där enger Säit der Realität upassen, wéi eigentlech haut schonn och an deene Servicer geschaff gëtt, wat fir eng Aufgaben haut do iwwerholl ginn, wéi awer och gläichzäitig gekuckt, datt där neier Approche, déi mer hei am Gesetz verankeren, ronderëm d'Berufsorientéierung, datt mer och där Rechnung kennen droen.

Mir hunn och déi Subsiden, déi de SPOS haut ausbezilt, op eng gesetzlech Basis gesat. Wat, denken ech, besonnesch wichteg ass, ass, datt mer do no den übblechen, de gängege Regele vun der Statskontabilitéit dat doten och maachen. Dat war e schwierigen Exercice. Dat muss ech zouginn, well do mat ganz vill guddem Wëllen an och dem politesche Wëllen eigentlech eppes geschafe gouf, wat awer elo net esou eent zu eent konnt an d'Gesetz, an dee gesetzleche Kader hei iwwerholl ginn.

Duerfir wäerte jo och eng Rei vun Aiden, déi haut ausbezult ginn, déi haut iwwert de SPOS ausbezult ginn, an Zukunft och vun aneren Akteure mussen en charge geholl ginn. Dat ka

generell de Schoulbudget sinn, dat kann och iwwert den Office national de l'enfance sinn, dat kann awer och iwwert den Office social sinn. Nieft deenen Aiden, déi elo eng gesetzlech Basis kréien, hunn also och aner Strukturen, haten an hunn d'Méiglechkeet, do anzespargen, well et hir gesetzlech verankert Aufgab nun eben emol ass.

Ech wëll nach ënnersträichen, datt dat heite jo eréischt den Ufank ass. Den Ufank! Mir stëmmen haut dat Gesetz hei. D'Maison de l'orientation kritt eng gesetzlech Basis. Mir schafen och e Service an där Maison de l'orientation, déi d'Koordinatioun iwwerhëlt, déi d'Direktion dovunner och iwwerhëlt, déi och zesumme mat deenen do regroupéierte Servicer eegestänneg Initiative kann huelen, déi sécherlech och d'Aufgab wäert kréien, fir datt déi Servicer sech net nëmmen ofschwätzen, mä och nach op deem engen oder anere Punkt méi kloer zesummeschaffen, vläicht och nach zesummewuessen. Ee Stéck vun deem Zesummewuessen erlieue mer jo elo gläich an enger knapper Stonn, wa mer iwwert den nächste Gesetzesprojet ofstëmmen, näämlech d'Zesummegoe vum SNJ a vun der ALJ. Dat fänkt eigentlech heimadder och eréischt un.

Ech wëll nach do och ënnersträichen, datt et fir mech besonnesch wichteg ass, datt mer wuel hei Servicer geografesch beieneleeën, an der Iddi vun engem Guichet unique, datt mer wuel kucken, datt déi ganz vill Initiativen och an Zukunft kënnen zesummen ausschaffen an ubidden, datt mer wuel och do kucken, datt sech ofgeschwat gëtt, wie wierklech wat mécht, an eng global Offer un de Jonken oder un de manner Jonke geet, deen eben op der Sich ass no enger schoulescher oder beruflecher Orientéierung. Mä wichteg schéngt mer awer ze sinn, datt déi jeeweileg fachspezifesch Servicer, sief dat déi, déi dem Ministère du Travail et de l'Emploi ënnerstinn, sief et der vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, datt déi hir Fachkompetenz behalen. Well nëmme wa se hir eegestänneg Fachkompetenz behalen an hir eegen Zoustännegkeet behalen, dann hu mer herno déi ganz Bandbreet vun der Fachkompetenz och an enger Maison de l'orientation präsent a mer kënne se weiderentwéckelen, mir kënnen och wierklech an d'Déift goen an de jeeweilege Servicer.

An duerfir ass hei net optéiert ginn, fir alles zesummenzeleeën, fir alles ënner eng Direktioun ze leeën, well mer do ganz schnell duerno de Lien zur Fachkompetenz an de jeeweilege Mammeservicer, wann ech esou ka soen, ofgeschnidden hätten.

Et ass och eréischt en Ufank, well mer déi nei Form vu Gouvernance elo a Kraaft setzen, fir iwwer e Referenzkader ganz kloer Ziler ze definéieren, Moyenen och ze definéieren, déi Schoulen och kréien, fir déi Ziler ze erreechen, an och de gesetzlechen Usproch definéieren, datt all Schoul sech deenen doten Ziler verschreibt an hir eegen Demarche definéiert.

An et ass och eréischt en Ufank, well mer deem Forum, dem Forum de l'orientation, wou jo ganz villen vun deem, wat mer haut an dat Gesetz hei schreiwen, deemools iwwerleucht ginn ass, diskutéiert ginn ass, proposéiert ginn ass, datt mer deem och eng gesetzlech Basis ginn. Dat heescht net, datt alles dat, wéi et elo hei an deem Text steet, datt dat alles ass. Mä dat heescht, datt weider wäert geduecht ginn, datt sech weider wäert echangéiert ginn, datt och weider an Zukunft gutt Initiativen och aus dem Forum kennen erauskommen, bis hi vläicht och souguer zu där enger oder anerer Proposition, wéi de gesetzleche Kader fir d'Orientation sech muss weiderentwéckelen.

Duerfir mengen ech, datt et richteg ass, haut deen datt Wee ze goen. A wann hei gesot ginn ass, op där enger Säit hätt ee vill méi wäit misse goen, op där anerer Säit awer kritiséiert gëtt, datt schonn ze vill Stroossen opgerappt sinn, da froen ech mech och, wéi dat da beienee passt. Mir hunn hei genau dat beieneegeluecht, wat beienee gehéiert. Mir hunn et esou strukturéiert, datt d'Fachkompetenz an Zukunft och ka gebündelt deene Jonken an och deene manner Jonken, déi op der Sich sinn no Orientation, ugebued ginn. An dat ass dat, wat besonnesch wichteg ass. A mir hunn et och esou konzipéiert, datt et fir d'Zukunft och ka sech weiderentwéckelen.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Educationminister. Dann huet den Aarbechtsminister sech d'Wuert nach gefrot.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Här President, mir hu vill iwwert déi jonk Leit elo geschwat an et ass extrem wichteg, fir déi Maison de l'orientation och an den Dëngscht vun deene Jonken ze setzen.

Ech hunn de Moien nach vun engem Sondage héieren, dee gemaach ginn ass hei zu Lëtzebuerg, wou eng vun deene gréissten Inquietud vum deene Jonken och hei zu Lëtzebuerg hiren Antrëtt an den Aarbechtsmaart ass. An ech mengen, eng gutt Orientation ass natierlech en extrem wichtegt Instrument. Alles, wat an der Schoul a wat an der Orientation professionnelle schifleeft, fënnt sech herno um Aarbechtsmaart als Problem erëm. A mir wëssen alleguerten, datt déi Problemer da vill méi schwierig ze léise sinn.

Wéi, ech mengen, schonn ee gesot huet: Mir sinn ebe grad an engem Aarbechtsmaart, deen ëmmer méi komplex ass. A grad fir déi Komplexitéit ze ervaassen, a fir deene Jonken an, esou wéi de Minister Meisch gesot huet, och deene manner Jonken eigentlech eng Hëllef duerstellen, brauche mer eng extrem aktiv an och sech ëmmer innovativ opstellend Orientation.

Ech plädéieren och fir en oppent Haus. Net zentraliséieren alles an engem klengen Grupp! En oppent Haus, wat muss permanent am Dialog stoe mat der Wirtschaft, natierlech mat de Schoulen, dat huet de Minister Meisch gesot, mat deene verschiddene Secteuren, wou effektiv d'Evolutionne passéieren. Mir hunn elo eng ganz Rei Initiativen am Handwerk, mir hunn Initiativen an der Industrie, fir jonk Leit an déi Betriber, an déi Secteuren erunzezéien. An do spillt natierlech déi Maison de l'orientation e ganz wichtege Rôle a muss och ganz staark mat deene Secteuren a mat deene Programmer zesummeschaffen.

Ech wëll och ee Wuert soen, dat eigentlech net esou betount ginn ass: Déi Maison de l'orientation huet e fundamentale Rôle bei dem Apprentissage. Grad do iwwert d'Maison de l'orientation mat der ADEM lafe Posten, déi d'Betriber deklaréieren, an och déi Jonk, déi eigentlech hir Choix maachen, fir en Handwerk, fir en Apprentissage ze maachen a fir hire Choix op esou e Posten ze maachen. Ech mengen, och do mussen déi Jonk nach besser encadréiert ginn, nach besser berode ginn, nach besser guidéiert ginn, fir datt kee Jonken, ech soen dat hei ganz kloer, deen en Apprentissage wëllt maachen, op der Streck bleift an net d'Méiglechkeet huet, en Apprentissage ze maachen.

Déi nei Beruffer, och do muss déi Maison de l'orientation ganz no si bei der Beruffswelt, déi sech stänneg ännert. Nei Beruffer: Mir kennen haut déi Beruffer net, déi a fënnf, sechs Joer, vläicht schonn a manner Zäit entstinn. Do muss also e staarken Zoufluss vun Informatioun, vu Kenntniss an déi Maison de l'orientation kommen.

A mä leschte Punkt ass ze soen: Déi Maison de l'orientation ass net nëmme fir déi Jonk, grad an enger Zäit, wou vill Leit obligéiert ginn, hire Beruff ze wisselen. Mir sinn net méi an där Zäit vun de lineäre Carriären. Mir hunn a ville Fäll, a ville Secteuren, a villen Entrepreneuren d'Situatioun, wou d'Leit op eemol hir Carrière, hiren Job verléieren, oder ganz einfach hiren Job wëllen änneren, well se wëllen eppes Neies maachen, well se wëlle changéieren. An och do muss eng Maison de l'orientation zur Hëllef kommen, beisäit stoen a beroden.

Duerfir ass et wichteg, net nëmme vun de Schoulen ze schwätzen, mä dat och an d'ganz Gesellschaft eranzedroen, datt dat eng Plaz ass, wou d'Leit berode ginn, wou se sech kënnen informéieren a wou se kënnen hire Parcours professionnel vläicht änneren, oft zesumme mat der ADEM, wann et sech ëm Chômage handelt, mä heiansdo och ouni ADEM.

Wann een einfach wëllt „changer de cap“ maachen a sengem Beruff, sief et, dann ass eng Maison de l'orientation en extrem wichtegt Instrument. An duerfir ass dat hei fir onsen Aarbechtsmaart fir eng aktiv Beschäftigungspolitik e wichtegt Instrument fir d'Zukunft.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Mir wäeren domat um Enn...

(Interruption)

Jo, d'Madamm Andrich.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Ech wollt nach kuerz drop zrëckkommen, den Här Minister hat mech do perséinlech drop ugeschwat, wéi ech vun deene Chantiere geschwat hunn. Ech wollt ënnersträichen, dass ech do net vun der Maison de l'orientation eleng geschwat hunn, mä ech hu vun der Education en général geschwat, dass do elo esou vill Gesetzesprojete mateneen ënnerwee wäeren. Dat war gemengt. Dat war net richteg verstane ginn.

Mä ech wollt awer drop hiweisen, dass eng Rei Froen net beäntwert goufen. Zum Beispill hat ech gefrot, ob d'Professeurs-orienteurs am Fon-

damental am Cycle 4.1 schonn aktiv gi sinn dëst Joer. Ech hat gefrot, ob de Ministère eventuell gewëllt wär, fir Material fir d'Lycéeë fir d'Soft Skills zur Verfügung ze stellen. Ech hat gefrot, ënner wéi engem Referenzkader d'Éducateurs an d'Éducateurs-gradués da vun dem Service éducatif géife schaffen an der Zukunft. Ech hat och gefrot, wéi et wär mat dem CPOS-Personal, dat op de Volet Orientation spezialiséiert wär.

Déi aner Fro iwwert d'Mediation: Wéi ass dat par rapport zu deem neie Gesetz ze verstoen? Ob déi finanziell schwach Famillje kéinten eng Avance op déi Subvention kréien, fir dass et net zu Enkpäss géif kommen, well dat mam Schouljoer geet, wa se dann d'Schoulbicher mussen kafen. An d'Schüler aus dem Ausland.

Dat waren alles Froen, déi ech agebaut hat. Och, wie sech ëm d'Orientation vun deene Schüler mat spezifeschene educative Besoine géif bekëmmern. An dann natierlech och, wéi et mat der Ausschreiwung vum Direkteschposte wär, wéi et do mam Profil wär, wéi et mam Rekrutement géif goen.

Op all déi Froen hat ech elo keng Äntwert kritt vum Här Minister.

Merci.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Minister huet d'Wuert.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Jo, Merci, Här President. Ech mengen, en Deel vun deene Froen sinn an der Kommissioun diskutéiert ginn. Wa se net an der Kommissioun diskutéiert gi sinn, hätt se sécherlech kënnen do diskutéiert ginn. Ech hu kee Problem, wann ech hei nach Zäit hunn, fir op all déi dote Froen ze äntweren.

D'Professeurs-orienteurs wäerten am Cycle 4.2 intervenéieren, wou jo d'nächst Schouljoer déi nei Prozedur dann och gëtt.

Dat Personal, wat bis elo d'Orientation fir de SPOS am SPOS gemaach huet, wäert sécherlech seng Kompetenz, a seelen huet een nëmmen Orientation gemaach, och weiderhin, sief et fir de SPOS, sief et op anere Plaze kënnen asetzen.

De Referenzkader. Et gëtt kee spezifesch Referenzkader, just fir déi educativ Equipp an der Schoul. Mä och déi educativ Equipp ass en Deel vun där ganzer Schoulcommunautéit, an all Referenzkader gëllt fir déi ganz Schoulcommunautéit. Och duerfir, soen ech, ass Är Fro net richteg, datt déi elo spezifesch e Referenzkader géifen esou kréien.

De jëtzege CPOS huet eng Aufgab an der Mediation, déi awer eigentlech kloer ofgegrenzt ass par rapport zu deenen dräi Mediateuren, déi um nationale Plang wäerte geschafe ginn, wou jo eng Kéier een ass fir d'Intégration vun den auslännesche Schüler, eng Kéier fir déi Enfants à besoins spécifiques an eng Kéier, fir den Decrochage ze evitéieren. Do niewendru gëtt et jo nach eng Hällewull vun Dossier an vun Themeberäicher, wou eng Mediation noutwendeg ass, soudatt mer och déi dote Servicer an Zukunft wäerte brauchen.

Entgéint deem, wat Der an Ärer initialer Ried behaapt hutt, Madamm Andrich, datt déi jëtzege Coordinatrice vun der Maison de l'orientation net ausgeschriww war, dat war näämlech de Fall. Ech kann lech awer och soen, datt mer natierlech elo net scho kënnen ausschreiwen, ier dat Gesetz, wat de Mëtten hei gestëmmt gëtt, a Kraaft ass.

Heimadder gëtt jo och iwwerhaupt eréischt déi Maison de l'orientation geschafen. Da wäert e Posten definéiert ginn. An da wäert eng Ausschreiwung gemaach ginn. An natierlech wäert och e Profil definéiert gi fir déi Ausschreiwung. Ech kann lech soen, datt mer an Diskussiounen si mam CEDIES, datt déi och Ressourcë bäikréien, fir och eng Präsenz an der Maison de l'orientation kënnen ze kréien.

Mat deem Gesetzesprojet, deen an den nächste Woche wäert duerch de Regierungsrat goen, fir dee ganze Secteur vun der Education différencié ze reforméieren, wäerte mer och ganz kloer eng Tâche definéieren, déi fir d'Orientation vun den Enfants à besoins spécifiques oder Enfants à besoins particuliers wäert zoustänneg sinn, och fir d'BerufsinTEGRATION vun deene Schülerinnen a Schüler wäert zoustänneg sinn.

Dir hat och nach gefrot... Dat war an der éischter Interventioun, net an der zweeter, mä ech wëll dann awer alles hei botzen. An der éischter Interventioun hat Der och nach gefrot: „Wéi ass et mat der Etüd NEET?“ Ech kann lech soen, datt déi der Press an den nächste Woche wäert virgestallt ginn. Do si ganz interessant Informatiounen dran. An do kann ee sech sécherlech am Fong och nach eng Kéier an der Kommissioun driwwer ënnerhalen.



Ech ginn déi Recommandatioun, déi Der ge-
maach hutt, fir och den Informationsbüro vun
der Arméi respektiv déi Initiative vun de
Chambres professionnelles matzeassociéieren,
och an de Fonctionnement vun der Maison de
l'orientation, ganz gäre weider. Mir selwer wa-
ren och Projeten am Ausland emol kucken,
wou genau esou eng Präsenz, wann et och
nëmme sporadesch ass, op feste Rendez-
vousen, op feste Plagen an der Woch oder am
Mount, wou dat absolutt virstellbar ass. Ech
denken awer, datt dat muss lokal an der Mai-
son de l'orientation diskutéiert an decidéiert
ginn an datt dat net onbedéngt eng Saach ass,
déi mer an d'Gesetz sollte schreiwen.

An ech mengen, datt déi Fro iwwert déi regio-
nal Antennen, wou et dann e Schëld zu
Dikrech op engem Gebai gëtt, vum Dikrecher
Buergermeeschter komplett beäntwert ginn
ass, soudatt ech dorobber net méi brauch
zréckzekommen.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* -
Merci.

(Interruption)

Et deet mer leed, mä eist Reglement seet: net
méi wéi zweemol an enger Debatt intervenéieren.
Wann et eng ganz kuerz Fro ass, ginn ech
lech ganz gär d'Wuert.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Et ass
keng nei Fro, Här President. Et waren nach
zwou Froen, déi ech elo just opgezielt hat, wou
den Här Minister net drop agaangen ass, no-
tamment wéinst den Avancé fir déi sozial
schwaach Familljen, wa se e Subsid kréie mam
Schouljoer oder d'Demande eréischt maache
mam Schouljoer, ob se do kéinten eng Avance
kréien, wann do eventuell finanziell Enkpäss
kéimen. Dat war awer eng wichteg Fro,
mengen ech, am Sënn vun de Leit.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Här
Minister!

► **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation
nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Ech
wäert déi Suerg do weiderdroen un déi zou-
stänneg Servicer bei mengem Ministère.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* -
Merci. Mir géifen dann zur Ofstëmmung
iwwert de Projet de loi 6787 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6787 et
dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt
déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.
An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6787 ass mat 57 Jo-Stëmmen,
bei 3 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete
Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet de loi iwwer-
goen: d'Zesummeleeë vum Service Action lo-
cale pour jeunes an dem Service national de la
jeunesse. An d'Wuert huet elo de Rapporteur,
den honorabelen Här Claude Lamberty. Här
Lamberty, wann ech gelift!

4. 7079 - Projet de loi portant modification

**1. de la loi modifiée du 4 septembre
1990 portant réforme de l'ensei-
gnement secondaire technique et de
la formation professionnelle con-
tinue;**

**2. de la loi du 13 juillet 2006 portant
réorganisation du centre de psycho-
logie et d'orientation scolaires
(CPOS);**

**3. de la loi du 16 mars 2007 portant
1. organisation des cours de forma-
tion professionnelle au Centre natio-
nal de formation professionnelle
continue 2. création d'une aide à la
formation, d'une prime de forma-
tion et d'une indemnité de forma-
tion;**

**4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008
sur la jeunesse;**

**5. de la loi modifiée du 19 décembre
2008 portant réforme de la forma-
tion professionnelle;**

**6. de la loi modifiée du 12 mai 2009
portant création d'une École de la
2^e Chance;**

**7. de la loi du 18 mars 2013 relative
aux traitements de données à carac-
tère personnel concernant les élèves;**

8. du Code de la Sécurité sociale

**Rapport de la Commission de l'Éducation
nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur.* -
Här President, léif Kollegen a Kolleginnen,
d'Zil vun dësem Projet de loi ass an engem
einfache Saz ze resuméieren: Fir an Zukunft
ee staarke Service ze hunn an een eenzegen
Uspriedhpartner fir déi Jonk ze sinn, gëtt
aus momentan zwee individuell agéierende
Servicer just nach ee gemaach. Wat no enger
einfacher Fusioon kléngt, ass awer bäi Wäitem
méi wéi dat.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Zur Erklärung. Momentan gëtt et zwee Servi-
cer: den SNJ, also de Service national de la
jeunesse, an d'ALJ, d'Action locale pour jeunes.
Béid Servicer hu per Gesetzgeber äänlech
Missiounen a schaffen och deelweis haut
schonn op regionalem an nationalem Niveau
zesummen. D'Zil ass et elo, duerch en Zesum-
meleeë vun den Aktivitéiten vun ALJ an SNJ
eng Struktur ze kréien, wou duerch den Know-how
vu béide Säiten ee Service geschaaft gëtt,
deen nach besser kann op d'Erausforderungen,
déi sech fir eng ganz Rétsch Jonker hei am Land
stellen, agoen.

Et gëtt also Synergie gesicht, fir deene
Jonken am Endeffekt en nach méi staarke
Partner kënnen ze sinn a se beschtméiglech
kënnen ze ënnerstëtzen an ze encadréieren,
do, wou Hëllef wierklech gebraucht gëtt.

A wéi engem Gesamtkontext ass dëst
Zesummeleeë vun de Kompetenzen vu béide
Servicer elo ze gesinn?

Ech erënnere hei op dës Plaz drun, dass
eent vun den erkläerten Ziler vun der
Regierung ass, den Décrochage scolaire
esou gutt wéi et geet ze verhënnere respektiv
deene Jonken, déi d'Schoul ofgebrach hunn
an déi net an enger Formatioun sinn,
kënnen Perspektiven ze bidden. Statt Hoffnungs-
losigkeit also Zukunftsvisionen an eng
Betreiung, fir dass grad déi jonk Leit an
eiser Gesellschaft nees eng Zukunft
hunn a si sech e Liewe kënnen opbauen.

Nieft der Präventioun spillt d'Wuert
„Aktivatioun“ eng ganz wichteg Roll.
Näischt ass méi schlëmm wéi keen Zil ze
hunn, näischt ze maachen a keng
Perspektiv ze hunn. Dofir ginn
deene Jonken, déi am Fall sinn,
Volontariatsangebot gemaach, fir
erëm aktiv kënnen ze ginn, fir
Perspektiv fir hiert eegent Liewen
ze erkennen. D'Betreiung an de
Kontakt zu deene Jonken ass
natierlech immens wichteg. Déi
Jonk sollen dofir esou encadréiert
ginn, fir schoulesch Perspektiven
ze erkennen, wa méiglech also
en Ofschloss an enger Schoul ze
kréien, an doriwwer eraus awer
och, fir am professionnelle
Beräich Perspektiven um éischen
Aarbechtsmarché ze gesinn.

Ech hunn am Ufank gesot, béid
Servicer, also ALJ an SNJ, hätten
äänlech Missiounen ze erfëllen.
Béid Akteure betreiwen deeselwechte
Profill vu Jugendlechen a jonke
Leit, näämlech déijéineg, déi
am vulnerabelste sinn. ALJ an
SNJ hu bis dato och äänlech
Strukturen, wat den Opbau
ugeet, näämlech regional
Antennen

ausserhalb vun de Schoulgebaier.
Allerdéngs gëtt et Differenzen
bei der Offer vu béiden Akteuren.

D'ALJ mécht haaptsächlech eng
individuell Betreiung vun de
Jonken am Sënn vun enger so-
zioprofessioneller Insertioun. Den
SNJ bitt Programmer a praxisori-
entéiert Ateliere, fir déi Jonk
dann och erëm ze aktivéieren.

Leet ee béid Servicer elo zesummen,
bündelt een also d'Kompetenzen
an esou d'Ressourcen an de
mënschlechen Know-how vun
ALJ an SNJ. Doduerch ergi sech
eng ganz Rei vun Avantagen am
Sënn vum Service, mä ganz be-
sonnesch - ganz besonnesch! - am
Sënn vun deene Jonken hei am
Land.

Wat sinn elo déi Virdeeler vun
dëser Ëmstrukturéierung?

Éischtens, e bessere Service fir
deee Jonken. Hei spigelt sech
d'Iddi vum Guichet unique erëm.
Informatioun, Berodung a Begleedung
vum Jonken zentraliséiere sech
op enger eenzeger Plaz. All Infor-
matiounen sinn also fir deee
Jonken op enger Plaz ze kréien
an ze fannen. Dat ass e groussen
Avantage a féiert zu enger
kompletter Offer, déi deem
Betroffenen dann och zou-
kënn.

Zweetens, d'Visibilitéit vum
Service, déi gëtt erhéicht. Ee
staarke Service, also een
Uspriedhpartner huet och méi
Visibilitéit a gëtt besser erkannt
als Akteur vun der Garantie
jeunes méi insgesamt an eiser
Gesellschaft.

Drëtzens, e staarke Service,
deen iwwerhëlt d'Roll als
Structure de référence hei am
Land.

Véiertens, d'Koordinatioun mat
anere Servicer am Land soll
sech duerch dëst Zesummeleeë
vun ALJ an SNJ verbessern. An
insgesamt soll esou all Aspekt
vun der Garantie jeunes méi
zum Droe kommen.

Fënneftens, d'Synergien, déi
sech erginn am Sënn vu
Personal, Büroen, Strukture
sinn evident a sinn natierlech
e weidere Virdeel, deen dës
Ëmstrukturéierung dann och
mat sech bréngt.

Wat geschitt elo konkret um
Terrain?

D'ALJ, déi bis elo an der
Formation professionnelle
intégriert war, gëtt lassgeléist
vun der Formation professionnelle
an integréiert an de Service
national de la jeunesse. Duerch
dës Regruppement kënn et
natierlech zu enger neier
Opdeelung vun de verschiddene
Missiounen ënnerhalb vum
neien SNJ.

D'Éducateurs gradués, déi
bis dato alleguer wonnerbar
Aarbecht am Sënn vun de
Schüler gemaach hunn, sinn an
Zukunft alleguer affektiert un
de Service national de la
jeunesse a wäerten zu der
Spart gehéieren vum Soutien à
la transition vers la vie active.
Dës Divisioun, déi sech ëm
d'Ennerstëtzung fir déi Jonk
hin zu enger Aktivéierung
vun deene Jonke bekëmmert,
wäert sech a regionale
Büroen am Land verdeelen.
Dëst sinn déi sougenannten
Antennes locales pour jeunes.

Engersäits informéiere si
déi Jonk, bekëmmere sech
ëm hir Froen an Ängscht,
ginn déi néideg Informatiounen,
déi se brauchen, a begleede
si och ganz enk mat enger
quasi 1:1-Betreiung, well all
Jugendlechen, deen am
Décrochage ass oder risquéiert
dranzerrutschen, och ganz
ënnerschiddlech Besoinen
huet.

Anerersäits kréien déi
Jonk vun dëser Divisioun
och nach ganz konkret
Mesurë proposéiert, fir
déi Jonk ze aktivéieren. An
et geet jo genee dorëms:
deene Jonken, déi am
Échec sinn, déi opgehal
hunn, déi um Wee sinn,
hir Zukunft ze verbauen,
deenen nees nei Weeër
ze weisen a konkret Alternativen
ze proposéieren zu der
Inaktivitéit, déi se grad
duerchlieden. Déi Jonk
sollen also gehollef kréien,
eng Zukunft fir sech
selwer ze gesinn.

De Beräich vu konkrete
Mesurë proposéieren, also
vun der Aktivéierung, ass
ze vergläiche mat den
aktuelle Missiounen vun de
regionalen Antenne vum
SNJ.

De Beräich Informatioun,
Berodung an individuell
Begleedung dergéint ass
identesch mat der Aarbecht,
déi bis elo vun der ALJ
gemaach gouf. Schoulofbrieche
respektiv potenziell
Décrocheur-scolaire mussen
fréizäitg identifizéiert
ginn, fir hinne beschtméiglech
kënnen ze hëllefen. A wa
méiglech muss esou
verhënnert ginn, dass et
zum Öffbroch kënn.

Den SNJ wäert mat der
neier Struktur mat hirem
ganzen Asaz, mat hirer
ganzer Manpower probéieren,
déi Missiounen ze erfëllen.
Si wäerten als extern
Akteuren d'Schoule
begleeden an duerch
individuell Gespréicher a
Betreiungen e Vertrauens-
verhältnis zu deene
Jonken opbauen, fir
hinne ze hëllefen.

Dernieft hëllef si Jonken,
déi ofgebrach hunn, duerch
Reorientatioun, duerch
Stagen a Schnuppercoursen
eng Relatioun zur Aarbecht
opzebauen an hinne
Perspektiven um Aarbechts-
marché ze weisen. Ronn
6% - dat muss ee wëssen -
vun deene Jonken tëscht
15 a 24

Joer si ganz besonnesch
gefäerdet a brauchen eng
nach méi individuell
Betreiung, wou och
d'Zesummenaarbecht mat
Jugendhaiser an Ateliere
wichtig Piste sinn.

Regelméisseg Echanging
tëscht dem neien SNJ,
den Direktiounen vun de
Lycéeën, de Servicer un der
Formation professionnelle,
dem CPOS an der
Formation des adultes
sinn ugeduecht. Den
Dialog ass, mengen ech,
hei ee vun de Schlüsselen
zum Erfolg.

Dir gesitt, et klénkt no
enger klenger Fusioon,
mä et ass méi wéi dat. Et
geet ëm d'Zukunft vun
deene Jugendlechen an
do sinn déi bescht
Strukturen, fir ze
hëllefen, grad emol
gutt genuch.

Mat dësem Gesetz a mat
dem Gesetz iwwert
d'Jeunesse huet den SNJ
also an Zukunft dräi
Pilieren: Den SNJ huet,
éischtens, eng Offer un
educative Programmer,
fir déi Jonk ze aktivéieren.
Op Englesch géif een
„empowerment and
prevention“ soen. Zweetens,
den SNJ huet d'Aufgab,
de Jonken d'Transitioun
an dat aktiiv Liewen ze
erlichten. An drëtzens,
den SNJ ass de Centre de
ressources fir déi non-
formal Bildung hei am
Land.

Ech mengen, fir weider
Detailer verweisen ech
op mäi schrëffleche
Rapport. An zum Schluss
wëll ech awer nach e
puer Leit Merci soen,
déi heirunner matgeschafft
hunn, notament an der
Kommissioun, och dem
Joëlle Merges, der
Sekretärin, an natierlech
och de Leit aus dem
Ministère, allem virun
dem Här Metz.

Dat gesot, ginn ech
natierlech och den Accord
vu menger Fraktioun,
vun der Demokratescher
Partei. Ech soen lech
Merci.

► **M. Henri Kox,** *Président de séance.* -
Merci dem Rapporteur. An
als éischt Riednerin ass
d'Madamm Françoise
Hetto-Gaasch age-
schriwwen. Madamm
Hetto-Gaasch, Dir hutt
d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV). -
Merci, Här President. Dir
Dammen an Dir Härren,
zanter 1984 gëtt et d'Action
locale pour jeunes, kuerz
ALJ genannt; bis dato ee
ganz feste Bestanddeel
vun der Formation profes-
sionnelle, also dem
Ministère de l'Éducation
nationale.

Hir Aufgab huet doranner
bestanen, zesumme mat
de Schüler an enger
Relation de confiance
déi Transitioun Schoul a
Beruffsliewen ze prepa-
rëieren, d'Schüler ouni
Ofschloss opzefänken, se
ze begleeden, se an eng
Aarbechtsmesure eranzekréien,
Stagë fir si ze organiséieren
oder och nach d'Décrocheuren
nees an d'Formatioun
ze integréieren. An dat
alles an enger ganz enker
Zesummenaarbecht mat
de Lycéeën an der
Aarbechtswelt.

Dës ALJ soll elo mat
dësem Gesetz vun der
Formation professionnelle
lassgekoppelt an an den
SNJ, also de Service
national de la jeunesse,
integréiert ginn. Den
SNJ, deem seng Offer
sech jo éischer op déi
non-formal Bildung
achséiert, gëtt vu villen
als deen Akteur vum
Fräizäitberäich fir déi
Jonk ugesinn.

D'Iddi, fir d'Ressources
humaines zesummenze-
leeën, ass nozevollzéien,
mä, Här Minister, et
hätt een et kënnen
ëmgedréit maachen an
de Service volontaire
d'orientation, dee jo
vum SNJ offéiert gëtt,
bei der ALJ usidelen an
domadder dës
wichtige Pilier vun der
Éducation formelle
do loossen, wou en
am beschten hipasst,
näämlech an d'Schoul.

Zanter méi wéi 30
Joer hu si bis elo gutt
Aarbecht geleescht. Dat
huet och gutt geklappt.
Wéisou also elo
eppes changéieren? Et
ass deemno e
Choix politique. D'
Beweggrënn si fir
eis net kloer.

Da geet am Gesetz
rieds iwwert d'regional
Büroen, déi mer och
elo ALJ nennen, mä
déi Kéier „Antennes
locales pour jeunes“,
an deenen hire
Public cible d'„Décrocheurs
identifiés par les lycées“
sinn. Op eis Nofro
hin, no wéi enge
Kritären e Lycée
d'Schüler dann als
Décrocheurs
identifizéiert, krute
mer versécher-
t, dass de
Ministère géif
dru schaffen. A si
hunn op déi
nächst Edition
vun der Etüd
iwwert d'NEETs
verwisen, also
déi Jonk, déi
„not in employment,
education or training“
sinn. Hei géife si
sech Indicateuren
erwaarden, fir
déi jonk
Décrocheuren
ze identifizéieren.
Abee, mir
hunn elo just
vun lech héieren,
dass déi Etüd
eréischt
présentéiert gëtt.
Dir kënn
eis also haut
och nach
ëmmer net
soen, wat
dann déi
Indicateuren
do wäerte
sinn.

Da geet, nieft den
Décrocheurs
identifiés par
les lycées,
och nach
rieds iwwert
d'Décrocheurs
identifiés par
le Ministère.
Meng Fro
un lech ass:
Sinn dat
anerer?